



Spriecher eisen heitege Fraktiounschef: den Eugène Berger.

Dat hei gesot an deen heite kuerze Réckbléck gemaach, ginn ech heimat dann och den Accord vun der Demokratescher Partei.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Hahn. An d'Wuert huet den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz hei huet vun eiser Säit aus, wat de Fong ugeet, natierlech eng prinzipiell Zoustëmmung, aus deene Grënn, déi och grad genannt gi sinn. Mä et ass awer emol vläicht eng Geleeënheet, fir nach eng Kéier ze kucken, wéi mir eigentlech déi Texter an déi Bréiwer liesen, déi mir vun der Europäescher Kommissioun kréien.

An där Direktiv, déi mer deemools haten, gouf et e Considérant, dat wor de Considérant 24. An deen huet gesot, et ass richteg: «Il est nécessaire», et ass souguer néideg, «de garantir l'existence de moyens efficaces de mise en œuvre et d'exécution, tout en assurant une protection adéquate des intérêts légitimes des exploitants concernés ainsi que des autres parties intéressées. (...)»

Doropshin huet d'Lëtzebuurger Regierung deemools, an et si jo op d'mannst zwou Parteien hei, déi do dra waren, gesot, ma da musse mer en „délai raisonnable“ deene Leit och ginn, well dat ass jo „nécessaire“ an „légitime“. An doduerch ass en Délai raisonnable vu siwen Deeg fixéiert ginn, an enger gudder Intention, fir datt deen „sans retard“ net kann ze wäit interpretéiert ginn. Dat wor eigentlech d'Ratio vun deem, wat deemools decidéiert ginn ass. An och haut seet d'Chambre de Commerce nach, och aus guddem Grond, an hirem Avis, et wär wichteg, en Délai raisonnable an dësem Gesetz ze hunn.

Wat huet dann elo eigentlech déi Europäesch Kommissioun eis gesot? Déi Europäesch Kommissioun huet net gesot, wéi et hei gesot ginn ass: Mir exigéieren elo, datt dat geännert gëtt an esou weider. Dat ass net de Fall.

D'Europäesch Kommissioun schreift an hirem Bréif vun engem Direkter, et ass elo emol nach net op engem Niveau Commissaire: «Les services de la Commission ont été informés que cette partie de texte», wou et also ëm deen Délai raisonnable vu siwen Deeg geet, «a été ajoutée sur demande du Gouvernement luxembourgeois», also och vun zwou vun deene Parteien, déi haut esou séier enger anerer Meenung sinn, «pour préciser le concept de „sans retard“. Une telle demande de précision apparaît tout à fait raisonnable.», schreift déi Europäesch Kommissioun. «Toutefois, il serait utile de considérer une reformulation (...)», an esou weider, wann dat dann elo iergendwéi géif dem Sënn vun der Direktiv widderstrieden. An da seet d'Kommissioun: «J'invite vos observations sur ce point avant de décider de la suite appropriée (...)»

U sech huet d'Europäesch Kommissioun also näischt anescht gemaach, wéi ze soen: Et ass u sech rasonabel, mä sot eis wann ech gelift, erkläert eis wann ech gelift, firwat. Méi ass net geschitt. An direkt wann esou e Bréif kënnt, wou eigentlech just eng einfach Explikatioun gefrot ginn ass, gi mir e Gesetz änneren.

An dat stellt natierlech d'Fro: Ma wéi seriö sinn dann och déi Parteien, wéi seriö wor dann déi al Regierung, wéi seriö..., wéi ass dat dann eescht geholl ginn? A wéi eescht ginn déi Observatiounen vun der Chambre de Commerce hei geholl, datt den Délai raisonnable néideg ass, wa mer op enger einfacher Demande d'information - well méi war et net vun der Europäescher Kommissioun - schonn ëmfalen an eist Gesetz änneren?

Et ass déi drëtze Kéier a kuerzer Zäit, dass mir als ADR musse soen: Esou geet dat net. Mir hunn an eis Asylgesetzgebung misse Beispiller eraschreien, déi eiser Technique législative widderstrieden. Mir hu beim Spillgezei Ännerung gemaach, déi ridicule sinn, andeem mer „recette“ duerch „préparation“ ersetzen. An elo fale mer ëm an ännere mer e Gesetz, well d'Kommissioun näischt anescht gemaach huet, wéi eng Informatioun ze froen iwwert d'Ratio vun deem, wat déi fréier Regierung awer hei duerchgesat huet a wat d'Chambre de Commerce och haut nach fir sënnavoll hält.

Dat ass einfach net eescht. Mir mussen eis och emol als Land bewosst ginn, datt mir och géintiwuer enger Europäescher Kommissioun eis Interessen ze verrieden hunn, an net eis Gesetz direkt änneren, wann en Direkter vun

engem Service vun der Kommissioun eng Erklärung iwwer e Gesetz gär hätt.

Dat gesot, verstitt Der, datt d'ADR sech bei dëser Ofstëmmung enthält. Mir hätte gär, datt mer och als Land selbstbewosst eis Interesse géintiwuert der Europäescher Kommissioun verrieden.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Henri Kox** (déi gréng), rapporteur.- Här President.

► **M. le Président.**- Jo, de Rapporteur freet d'Wuert. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (déi gréng), rapporteur.- Ech wollt just eng kleng Bemierkung nach dozou soen. Ech hunn nämlech och hei dee Bréif, an deen hält nämlech och mat engem Abschnitt nach eng Kéier op, an do steet: «Veuillez noter que la Commission peut, dans le cas où elle constate une transposition incomplète, voire une absence de transposition, lancer une procédure d'infraction pour défaut de transposition (...)»

Et ass aus Sécherheetsgrënn. An ech fannen et och richteg, dass mer hei deen Délai sans retard sollten ëmsetzen, an et ass net méi an net manner, wat mer do gemaach hunn.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech hu jo nach Zäit, Här President?

► **M. le Président.**- Dir hutt nach Zäit, mä et ass e bëssen onüblech.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech hunn nach Zäit.

► **M. le Président.**- Jo, also, mir sinn hei ganz oppen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Voilà. Da wëll ech op déi Bemierkung do äntwerten.

Dat ass eng ganz interessant Bemierkung, well et ass just, fir ze soen: Et ass déi absolut Routine, eng administrativ Routine, dat steet an all Bréif, deen esou un e Land geschéckt gëtt. An do steet jo och nëmmen dran, et ass e Rappel vun enger Disposition am Traité, an där net méi drasteet, wéi, wann eng Infraktioun do wär, an dat ass jo guer net de Fall hei - d'Kommissioun seet mat kengem Wuert, datt dat esou ass, si freet just, firwat mer dat gemaach hunn -, da kéint eben déi Prozedur ageleet ginn.

Dat ass näischt anescht wéi e Rappel vum Traité. Den Traité kenne mer alleguer. Ech si frou ze gesinn, datt och den Direkter vun der Kommissioun säin Traité kennt. Ech si manner frou, fir ze gesinn, datt e gréngen Deputéierten hei den Traité net genuch kennt, fir dee Bréif esou ze interpretéieren, wéi en ze mengen ass.

Ech soen lech nach eng Kéier Merci.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. le Président.**- Mir wäeren um Enn vun der Diskussioun an d'Wuert huet d'Regierung. Madame Ëmweltministesch, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement.- Ass en un?

► **M. le Président.**- Jo.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg**, Ministre de l'Environnement.- Jo, en ass un.

Fir d'Éischt emol e grouse Merci fir de gudden Schrëttchen a mëndleche Rapport un den Henri Kox. U sech waren déi meescht Saache elo gesot. Ech mengen, hei an dësem wichtege Gesetz - an do wëll ech och dem Max Hahn e grouse Merci soen, dee wierklech nach eng Kéier op d'Wichtigkeet an op de Sënn vum Gesetz ebe vun engem responsabele Verhalten a vum Schutz vun der Ëmwelt agaangen ass - geet et haaptsächlech hei ëm eng korrekt Transposition, awer et geet och ëm Rechtssécherheet.

An da wëll ech awer och nach eng Kéier ganz kuerz drop agoen, wat dann d'ADR awer seet. Ech mengen, dee Bréif ass ëmmer deen éischte Schrëtt an eng Prozedur eran. Hei wou mer awer wierklech kee Problem hunn, dat heiten esou ze maachen, dass, wa mer wëssen, et ass fir d'Prevention, et ass fir engem virzekommen, an dann awer och, dass een direkt kann eppes ënnerhuelen, ass u sech eng sënnavoll Saach.

Ech soe parteiwwergräifend e grouse Merci un all Einzelner, déi dat heiten da wäerten ënnerstëtzen. Ze notéieren ass och, datt mer gesot kritt hunn am Abrëll, datt déi Prozedur, déi dann elo ugelaft wär, dann elo engestoppt ass, wa mer dat heiten haut esou unhuelen. E grouse Merci.

An dann zum Schluss félicitéieren ech nach gär dem Gérard Anzia am Numm vun der ganzer Regierung, an ech wënschen him eng gutt Aarbecht an eis eng gutt Zesummenaarbecht.

Villmools Merci.

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- E grouse Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6686.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6686 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass ofgeschloss an de Projet de loi 6686 ass mat 57 Jo-Stëmme bei 3 Enthaltungen ugehall. D'Enthalunge sinn, mengen ech, motivéiert. Domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies (par M. Luc Frieden), Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Den nächste Punkt op eise Ordre du jour ass de Projet de loi 6654, wou eis Autobunn a Richtung Saar elo endgültig soll fäerdeggebaut ginn an dee Flächenhals zu Helling sollt en Enn kréien. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ech hunn Inscriptiounen vun der Madame Andrich, dem Roger Negri, dem Josée Lorsché, dem Gast Gibéryen. Et ass nach Zäit. D'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

5. 6654 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une liaison routière avec la Sarre et autorisant la construction de l'échangeur de Hellange avec raccordement à l'auto-route A13 et à la route nationale N13

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Gusty Graas** (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Liewe muss een heiansdo ganz vill Gedold hunn. An an deem Dossier, iwwert dee mer haut schwätzen, hu besonnesch d'Automobilisten am Raum Helleng op der Saar-Autobunn während iwwer engem Jorzéngt ganz vill Gedold bewee misse.

Dee Gesetzesprojet, deen elo zur Ofstëmmung hei steet an deen de leschten 12. Februar vum Nohaltekeetsminister déposéiert gouf, deen huet awer elo als Konsequenz, datt déi Gedoldsprouf vun den Automobilisten an deem Raum endlech zu engem Enn kënnt. Fir d'Essenz an d'Komplexitéit zwar vun deem Projet hei ze verstoen, kënnt een awer net derlanscht, e bësse méi e graffen historiesche Réckbléck ze maachen.

Ugefaangen huet u sech alles mam Gesetz vum 16. August 1967 iwwert d'Schafe vun enger grousser Voirie de communication an dem Fonds des routes. Den 13. Juli 1972 gouf dann hei an der Chamber e Gesetz gestëmmt, wat dann d'Gesetz vun 1967 ëmgeännert huet, an do war am Artikel 6 folgende Passus ze liesen: «une route collectrice du Sud, reliant entre elles les principales localités du bassin minier - de Bettembourg, à l'est, à Pétange-Rodange, à l'ouest -, son raccordement à la nouvelle route Luxembourg-frontière française (E9, direction de Thionville), et sa jonction, aux frontières res-

pectives, au réseau routier allemand (Sarrebruck-Remich) et au réseau routier belge (Arlon-Longwy)».

Domadder war u sech de legale Grondstee geluecht, fir d'Collectrice du Sud ze bauen. Datt haut, 42 Joer duerno, deen Tracé nach ëmmer net ganz fäerdeg ass, dat huet natierlech net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och doriwwer eraus fir vill Onverständnis gesuergt. Effektiv ass et besonnesch fir Aussestehend schwéier novollzéierbar, firwat mer am Fong haut nach ëmmer net kënnen iwwert d'Autobunn direkt fueren, an datt zënter der Ouverture vun deem Stéck Beetebuerg a Richtung Réimech een am Fong geholl nach ëmmer muss en Ëmwee maachen am Beräich vun Helleng. Dat sinn, wéi gesot, eelee Joer hier.

Mä haut ass dann de Moment, wou u sech dann endlech dee Problem misst geléist ginn. Mä esou wäit si mer nach net. Wéi gesot, et deet mer leed, datt ech hei muss eng ganz Rei Décisiounen, Gesetzesännerungen, Jugementer opléichten, fir u sech dann déi ganz Komplexitéit vun deem Projet e bësselche méi verstandlech ze maachen.

1986, méi spezifesch den 31. August, war erëm en neit Gesetz gestëmmt ginn, an zwar war dann d'Liaison mat der Saar, an och dat ass interessant, erëm abandonnéiert ginn. Et hat gedauert bis de 5. Mäerz 1991, bis dat erëm nei Démarché gemaach gi waren, fir eng Verbindung mat der Saar ze bauen. Du kout d'Gesetz vum 31. Juli 1995, an an deem Gesetz ass dann d'Saar-Autobunn erëm reintégréiert ginn an d'Gesetz vun 1967.

Awer och e wichtege Detail ass deemools hei decidéiert ginn, en Detail, deen awer och sollt eng grouss Roll spillen an der Weiterentwicklung vun deem Dossier, an zwar gouf mat deem Gesetz vun 1995 och d'EU-Direktiv 85/337 iwwert d'Inzidenz vu verschiddene Projeten op d'Ëmwelt ëmgesat. Déi Direktiv, déi den 3. Mäerz 1997 duerch d'Direktiv 97/11 luecht ëmgeännert gi war, hat eng Exceptioun virgesinn, datt se net uwendbar wier, an zwar wann d'Projeten duerch een Acte législatif national spécifique adoptéiert géife ginn. An den deemolege Législature war och der Meenung, datt, wéi gesot, déi Direktiv net uwendbar fir de Bau vun der Saar-Autobunn wier, wéi een och an engem Rapport vun der parlamentarischer Travaux-publics-Kommissioun vum 18. Oktober 2001 iwwert de Projet de loi 4797 vun dem Bau iwwer eng Stroosseverbindung mat dem Saarland kann nolliesen.

D'Regierung vun deemools, dat muss een hei awer och nach ënnersträichen, hat awer eng Rei vun Impakstudien op de Wee ginn, déi alldéngs net am Gesetz virgesi waren.

D'Europäesch Kommissioun, déi entre-temps och mat enger Plainte saiséiert war, no enger Reklamatioun vu Propriétaire beim Tribunal administratif, kout zur Konkusioun, datt d'Regierung déi Direktiv net richteg applizéiert hat. An och déi ëffentlech Réuniounen, déi organiséiert gi ware vun den deemolege Responsabelen aus der Regierung, sinn als net recevabel erkläert ginn.

De 14. Juli 1999 kout et och deementsprechend zu enger Mise en demeure duerch d'EU-Kommissioun, an d'Regierung gouf no engem Avis vum 25. Juli 2000 opgefuerdert, de Projet ënner neie Konditiounen unzuhuelen. An dat ass och du geschitt duerch e Vote vun engem Gesetz de 25. Oktober 2001, an zwar dem Projet de loi 4797. An an deem Gesetz war och eng Enveloppe virgesi vun 242,9 Milliounen Euro.

Den 12. Juni 2004 - an, wéi gesot, d'Geschicht geet nach ëmmer weider - gouf dann hei an der Chamber eng budgetär Upassung vun 49 Milliounen virgehall. An ënner anerem waren an deem Gesetz 750.000 Euro fir de Bau vun engem Rond-point zu Helleng no der Sortie vum Échangeur Helleng virgesinn.

Wéi mer jo all wëssen, ass deen Échangeur bis haut net gebaut ginn, an de Rond-point gouf da provisoersch ënne mat esou plastixen Elementer aménagéiert. Mä dat huet jo alles seng Ursachen. An da komme mer am Fong elo op de Kär vun der ganzer Problematik.

Et ass jo och gewosst, datt et Schwierigkeete gouf, wat d'Acquisitioun vun den Terrainen ubelaangt. Eng ronn 3 ha Terrainen hu gefeelt, an zwar waren dat d'Propriétaires, d'Famill Linster, déi aus Grënn, déi hir waren, refuséiert haten, déi Terrainen dem Stat zur Verfügung ze stellen. Dat hat als Konsequenz, datt huet misse dee berühmte Bypass do gebaut gi vun enger ronn 1.300 m. E Bypass, wou dann zwou Bunn, also zweemol eng Bunn aménagéiert gi war.

An da muss ee sech natierlech virstellen, wann een d'Autobunn erofgefuert kënnt, an op eemol erëm muss vun der Autobunn erof, an dann 1.300 m iwwer e Bypass weiderfueren, fir erëm herno kënnen op d'Autobunn zrëckzekommen.



Här President, Dir Dammen an dir Hären, eng wichteg Décisioun vun der Chamber war awer och d'Emännerung vum Artikel 16 vun eise Grondgesetz duerch d'Gesetz vum 24. Oktober 2007. An ech kucken den Här Paul-Henri Meyers, deen deemools Rapporteur war. Do ass et nämlech ëm d'Expropriation gaangen - an zwar ass dunn den Term vun der Indemnitéit, déi geschëllt ass a préablement misst bezuelt ginn, ier d'Expropriation kéint definitiv gesprach ginn, jo dunn ëmgeännert ginn, an den Terme préalable ass erausgeholl ginn, soudatt dat am Fong geholl dunn och d'Expropriationsprozedur konnt beschleunegen.

Mä d'Komplexitéit vum Dossier, wéi gesot, huet domadder awer och net ofgeholl, well du koumen nach eng Rei aner Jugementen dobäi, zum Beispill vum Bezierrsgerecht Lëtzebuerg vum 8. Juli 2009, an zwar an deem Sënn, datt dat groussherzoglecht Reglement vum 28. Mäerz 2002 iwwert d'Approbation vun de Parzellen, déi ënnert d'Emprise falen, net gültig wier. Dat hat dunn als Konsequenz, datt dat Reglement erëm eng Kéier huet missen nei publizéiert ginn; an dat ass de 15. Oktober 2009 geschitt.

Den Tribunal huet dunn den 21. Dezember 2011 der Expropriationsprozedur endlech och gréng Luucht ginn.

E wichteg Uerteel kouw dunn den 19. Mäerz 2013 vun der Cour constitutionnelle, an zwar an deem Sënn, datt de Recours vun de Propriétaires - déi selbstverständlech vun hirem Recht do Gebrauch wollte maachen - ouni Base légale wier. An domat konnt dann d'Bezierrsgerecht Lëtzebuerg den 2. Mee 2013 de Wee endlech fräi maachen, fir datt de Stat Propriétaire vun deenen néidegen Terraine konnt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass jo dann elo dee grouss Moment, wou mir dann als Chamber endlech kënnen déi Décisioun huelen, datt déi zwee Stécker elo erëm ee Ganz ginn an datt de Bypass elo endlech ka verschwannen.

Et war also net méi wéi normal, datt de Projet de loi 6654, deen - wéi gesot - elo haut zur Diskussioun an zur Ofstëmmung steet, mam ursprénglechen Intitulé „relatif à la construction de l'échangeur de Hellange avec raccordement à l'autoroute A13 et à la route nationale N13“, och séier sai Wee an d'Nohaltegkeetskommissioun fonnt hat.

An an der Sitzung vum leschten 23. Abrëll gouf dunn och de Projet vun de Fachleit presentéiert an ech gouf als Rapporteur designéiert. De Rapport, deen den 3. Juli der Kommissioun virgeluecht gi war, ass och eestëmmeg ugeholl ginn.

Mir stëmmen haut u sech eng zousätzlech Enveloppe vu 34,2 Milliounen, déi op de Fonds des routes imputéiert ginn, a folgend Aarbechte kënnen elo am Fong mat där Enveloppe hei realiséiert ginn:

Éischtens - an dat ass d'Filetsstéck u sech vun deemem Projet de loi - ass dat natierlech de Bau vum Échangeur Helleng mat Uschloss un d'Autobunn A13 an un d'Nationalstrooss N13, an dat eleng kascht 21,4 Milliounen.

Dann, zweetens, gëtt e Passage inférieur gebaut. Dee war am initiale Projet u sech net virgesinn. En erlaabt engersäits de Rétablissement vu Feldweeër ze maachen an op där anerer Säit ass och virgesinn, fir en neien Accès an déi Bauschuttdeponie, déi an deem Eck do ass, ze garantéieren, well eis jo och gesot ginn ass an der Kommissioun, dat déi Bauschuttdeponie eventuell nach soll ausgebaut ginn.

Drëttens dann, ass awer och de Bau vun engem oppene Réckhaltebecken ënnerhalb der N13 am lieu dit „Kuebelach-Belgrad“ verbonne mat engem Renaturéierungsprojet an enger natierlecher Vegetation virgesinn.

Véiertens, den Uschloss un d'N13 duerch de Rond-point Helleng, dee jo de Moment zwar besteet, mä dee jo natierlech dann elo frësch aménagéiert gëtt.

Fënneftens dann, d'Zerstéierung an d'Renaturation vum Bypass tëschent Helleng a Fréiseng.

An da sechstens, d'Legung vun dem Iwwerflächenofwaasser vum Échangeur an den „Thalweg Hiergerterweier/Leitesbach/Schetzwiss“.

Och wann déi zwou Enveloppë vun 2001 a vun 2004 nach net ganz opgebraucht sinn, sou ginn déi Kreditter allerdéngs net duer, fir elo de Rescht vun dësen Aarbechten och kënnen ze finanzéieren.

Ech wëll dann awer och hei ënnersträichen, datt ech - streng geholl - guer net misst elo hei stoen an iwwert dee Projet hei schwätzen, well de Projet net hätt missen - theoretesch geschwat - hei an d'Chamber kommen, well mir ënnert dem Seuil vun deene 40 Milliounen Euro bleiwen.

Allerdéngs hat d'Budgetschränkungskommissioun déi weis Décisioun geholl, den 3. Juni 2013, fir de Projet awer hei an d'Chamber ze bréngen, an ech mengen, dat ass och richtig, dat ass och gutt esou, fir voll Transparenz spillen ze loossen, a wien elo e bësselchen all déi Elementer mat verfolgegt huet, déi zu där Situatioun hei gefouert haten, wäert jo schnell erkennen, datt et awer wichteg ass, datt een awer nach eng Kéier d'Geschicht opliewe léisst, fir ze kucken, firwat datt mer an déi dach skurril Situatioun hei komm sinn.

D'Entretienskäschte ginn op plus ou moins 77.000 Euro d'Joer geschätzt. Ze soen ass och nach, datt laanscht Helleng - an dat wäert déi Leit do besonnesch freeën - een Écran antibruit aménagéiert gëtt vu plus ou moins dräi Meter Héicht.

Et ass jo och gewosst, datt besonnesch am Raum Helleng scho ganz interessant Fouilles archéologiques realiséiert goufen. Och hei sinn natierlech nach zousätzlech Prouwe gemaach ginn. Wéi eis d'Fachleit allerdéngs confirméiert hunn, ass de Moment elo keng nei Découverte gemaach ginn, soudatt u sech de Projet net doduerch ka retardéiert ginn.

Laut de Verantwortleche vu Ponts & Chaussées dierf dee Chantier hei ronn 550 Deeg daueren. Wat och wichteg ass: Den Trafic gëtt an der ganzer Zäit weidergefouert, wat natierlech awer och mat sech bréngt, datt dach mussen grouss logistesche Iwwerleeunge gemaach ginn, wéi den Trafic dann och do ka koordinéiert ginn.

A wat een och nach hei soll ënnersträichen ass, datt dee Projet och den Objet vun engem Sécherheitsaudit ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Conseil d'État hat säin Avis den 10. Dezember 2013 virgeluecht, dee mir natierlech och an der Kommissioun den 23. Abrëll 2014 analyséiert haten. An an eiser Sëtzung vum 14. Mee hu mer eis nach eng Kéier mat deem Avis vum Conseil d'État beschäftegt.

Engersäits huet déi héich Kierperschaft proposéiert, fir den Intitulé vum Projet de loi ze änneren - deen ech elo net méi brauch hei ze widerhuelen -, an d'Kommissioun war och där Meinung, sech där Proposition unzeschléissen.

Wou mer dem Conseil d'État net Recht ginn hunn, ass: En hat gemengt, et soll een „Dépenses occasionnées“ duerch „Dépenses engagées“ ersetzen. Mir sinn allerdéngs do op deem ursprénglechen Term bliwwen.

An der Kommissioun selwer ass natierlech dann och iwwert dee Projet hei eng interessant Diskussioun gefouert ginn. Ech wëll hei e puer Punkten erausgräifen.

Zum Beispill muss een hei och nach ënnersträichen, datt vum Rond-point op der N13 a Richtung Helleng e Réaménagement vun der Strooss kënn mat Aménagement vun Insele mat Beem, fir virun allem de Verkéier do méi agréabel ze gestalten, datt och manner gerannt do gëtt, an awer och virun allem, fir urbanistesche Verbesserung unzestriewen, wat a Richtung vun der Uertschaft Helleng geet.

Do ass natierlech dunn d'Fro och gestallt ginn - an als Rapporteur muss ee jo neutral bleiwen, dofir dierf ech den Numm net nenne vun deem, deen déi Intervention gemaach huet -, datt awer och a Richtung Beetebuerg soll en ähnlechen Aménagement vun der Strooss geschéien, well mer do direkt am Beräich vum Parc merveilleux sinn, an déi Leit, déi deen Eck kennen, déi wëssen, datt do ganz grouss Gefereplazen entstinn, besonnesch während de Summerméint. An d'Meenung war eben opkomm, fir dann och an deemem Projet dat mat virzugesinn, allerdéngs ass dat majoritaire zréckgewise ginn aus der Iwwerleeung eraus, well soss vläicht de Projet nach méi retardéiert gi wier. An ech mengen, do si mir eis jo alleguer eens, datt et awer wichteg ass, datt déi Aarbechten esou séier wéi méiglech kënnen ugefaange ginn.

Dann ass awer och nach an deem ganze Kader diskutéiert ginn iwwert déi zwee ganz grouss Projeten, déi am Raum Beetebuerg-Diddeleng entstinn, an zwar CFL-Multimodal an Eurohub, wou jo awer elo ganz grouss nei Erausforderungen op dee Raum do zoukommen, wat virun allem d'Gestaltung vun dem Verkéier ubelaangt.

An d'Meenung war och opkomm, datt een och soll iergendwéi eng Verbindung herstellen tëschent dem neien Échangeur respektiv zwëscht deenen neie Projeten, déi do an deem Raum realiséiert ginn, fir de Verkéier do méi an engem gesamte Konzept och ze organiséieren.

Gedanke si sech natierlech och iwwert d'Vélospist gemaach ginn. Ech hat dat virdru scho kuerz ugeschnidden, dee Passage inférieur, deen elo do aménagéiert gëtt, huet och als Ur-

saach ënner anerem, fir gegebenenfalls d'Vélospist driwwer lafen ze loossen. Hei ass awer allerdéngs nach keng definitiv Décisioun iwwert den Tracé geholl ginn an et ginn elo nach Etüde gemaach, fir ze kucken, ob dee soll direkt laanscht d'N13 Richtung Beetebuerg lafen oder en anerem Tracé kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer vläicht, zum Schluss awer nach déi eng oder déi aner méi allgemeng Remarque zu deemem Dossier ze maachen.

Ech mengen, dat hei beweist ganz kloer, datt d'Politik all Ursaach huet, fir all gesetzlech Virschrëften an Oploen ëmmer genaustens ze respektéieren, wuel wëssend, datt et natierlech ëmmer Interpretationsproblemer ginn, mä léiwer eng Démarche ze vill maachen, wéi eng ze mann, an dësen Dossier beweist jo ganz gutt, wat u sech kann d'Konsequenz sinn, wann d'Gesetz net à la lettre ëmmer respektéiert ginn.

Ech wëll zum Schluss dann awer och - well ech héiere schonn, de President bimmelt hannendrun...

(Hilarité)

...mat der Schell -, mä ech wëll zum Schluss awer och nach een oder deen anere Merci hei aussprechen. Den éischte Merci geet un eise Mataarbechter aus der DP-Fraktioun, de Ben Jacoby, an och un d'Rachel Moris, ganz emseg Sekretärin vun der Développement-durables-Kommissioun, an de leschte Merci awer och un den Här Roland Fox a seng Mataarbechter vun de Ponts & Chaussées.

Haut komme mer also, no engem jorelaangen Hickhack ëm déi skurril Situatioun hei, endlech zu engem gudden Enn, an duerfir bieden ech och, deemem Projet zouestëmmen, a bréngen och gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. Et war ganz zaart.

(Brouhaha et hilarité)

D'Wuert huet dann elo direkt d'Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV). - Merci, Här President. Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, e bal historeschen Dag haut, op deen d'ganz Lëtzebuurger Land a besonnesch d'Benotzer vun der Saar-Autobunn gewaart hunn. No jorelaangem Prozesséiere gi mer elo an deem héijen Haus hei endlech gréng Luucht, fir deem éiwege Provisorium vun 1.300 m, dem Bypass Helleng, no eelef Joer en Enn ze setzen. Laut Beschluss vum Bezierrsgerecht Lëtzebuerg vum 2. Mee 2013 sinn déi ëmstridden Terrainen, déi gefeelt hunn, fir d'A13 fäerdeg ze bauen, schlussendlech a Statshand iwwergaangen.

De Spuk ass also elo eriwwe a mer kënnen haut souwuel de Bau vun de reschtlechen 1,7 km vun der 21 km laanger Saar-Autobunn, déi d'Collectrice du Sud verlängert, grad wéi den Aménagement vum Rond-point Helleng autoriséieren. An dofir muss mer nach eng Kéier 34,2 Milliounen lackermaachen, well et ass dëst schonn déi zweet Budgetsupassung, nieft där vun 2004, wou e bësse méi wéi 49 Milliounen nogestëmmt goufen, fir ënner anere dem Bypass kënnen ze finanzéieren. Domat klammen elo d'Gesamtkäschte vun där Autobunn op 326,2 Milliounen Euro.

Et ass déi viregt Regierung, déi am Oktober 2013 de virleiende Gesetzestext, deen aus der Fieder vum fréieren Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler staamt, nach pour Avis un de Statsrot viruginn huet. Dat huet deem jëtzege Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister, deen dunn de Projet de loi mam Avis vum Statsrot op sengem Pult leien hat, et erméiglecht, de Projet direkt Ufank 2014 an der Chamber ze déposieren.

Endlech verschwénnt domat e schlëmme Geforepunkt vun eise Stroossennetz. E Geforepunkt, dee scho vill schro Accidenter provoziert huet mat Schwéierverletzten a souguer Mënscheliwe kascht huet! Op deem geschlängelten eespuerege Bypass mat Géigeverkéier ass eng Vitesse-Limitation vu 70 km/h fixéiert an och en Iwwerhuelverbuet, wat awer leider net ëmmer vu jiddwerengem respektéiert gëtt. An et muss een och soen, d'Sichtverhältnissen, besonnesch bei Niwwel, si ganz schlecht. Och entsteet en zolitte Réckstau bis zréck op Fréiseng an a Richtung Rond-point Diddeleng-Biereng, besonnesch zu de Stousszäiten an och bedéngt duerch deen intensive Camionsverkéier.

Während deene bal eelef Joer koume ganz héich Ennerhaltungskäschten derbäi weinst der Sé-

cherheet an der staarker Ofnotzung vun där provisoriescher Strooss. Leider huet de Stat net iwwert déi néideg Terraine verfügt, fir eng Bande d'urgence op béide Säite bäizesetzen, wat eng gutt Léisung gewiescht wier, fir den Accès vun de Rettungskräften ze erméiglechen. An et wier och net méiglech gewiescht, fir dës un de Rond-point Helleng unzabannen.

Gouf et deemools eigentlech eng aner Alternativ zu deem Provisorium, eng gutt Alternativ, déi et méiglech gemaach hätt, fir d'Autobunn den 23. Juli 2003 fir de Verkéier fräizeginn an dat no enger sechsjähriger Bauzeit an en attendant, dass déi lafend Gerichtsprozeduren ofgeschloss wieren?

Et louchen effektiv dräi Propositionen um Dësch vum Stat, an dat hei war déi, ënnert där d'Hellenger an d'Fréisenger Awunner jiddefalls am mannsten ze leiden haten. Ech erënnere drun, dass et virun allem déi gréng waren, déi géint dës bäi Wäitem verstännegst Léisung Stuehm gelaf sinn, fir déi sech awer décidéiert gouf, an dat mat dem Accord vum deemolege Statssekretär fir d'Ëmwelt Eugène Berger.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

De Rapporteur ass a sengem Rapport besonnesch am Detail op deen historesche Werdegang vun der Saar-Autobunn agaangen, wat e bessert Verständnis och vun der heiteger Situation erméiglecht. Ech soen och dofir dem honorable Gusty Graas e grouss Merci fir säin exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Déi zentral Fro an deem Dossier, deen d'Land an d'Leit, besonnesch d'Politiker, d'Regierung wéi d'Deputéierten, déi och eng Hällewull Questions parlementaires an all deene Jore gestallt hunn, an dat zum Plésier vun de Medien, jorelaang an Otem gehalen huet, déi zentral Fro ass effektiv: Wéi konnt et dozou kommen?

Ech ginn och net op all d'Detailer an, well de Rapporteur dat och schonns beschteens gemaach huet. Mä eng vun den Ursaache läit bei der Gesetzesprozedur vum Bauprojet selwer.

Ech stelle fest, dass vun der éischter Décisioun un, duerch d'Gesetz vun der Schafung vun enger Grande voirie an engem Fonds des routes vun 1967 - dat war iwwregens d'Joer, an deem den obligatoresche Militärservice ofgeschafft gouf -, ass et tëschent där Décisioun vun deemools, fir ënner anerem, ech zitieren: „...eist Land duerch Stroossen, déi de Verhältnissen entsprechen, wéi se vun eisen Nopere gebaut gi sinn an nach weider laanscht eis Grenzen entstinn, ze verbannen an unzepasen“, esou den deemolege Rapporteur, den honorablen Här Schreiner, vun deemools bis haut 47 Joer vergaange sinn, also ergo bal en halleft Jorhonnert!

Ech stelle fest, dass de Projet 1986 - d'Joer, an deem den RMG agefouert gouf - eng Zäitchen op Äis geluecht ginn ass, wéi décidéiert gouf, d'Collectrice du Sud als eng interregional Schnellstrooss ze definéieren a se un d'bestehend Autobunnnetz unzeschléissen, bis dass et am Joer 1995 - d'Joer, an deem den Euro gebuere gouf - zur definitiver Décisioun kouw, fir eng Stroosseverbindung tëschent dem Minett an de Schwerindustriepole vum Saarland ze schafen, dat opgrond vun engem Accord mat der däitscher Säit, fir eng Bréck zu Schengen ze bauen.

D'Gesetz vun 1967 ass dofir virun 19 Joer, bal op den Dag genee, den 31. Juli 1995 nees ëmgeännert ginn, ënnert deem deemolege Bauminister Robert Goebbels. Ech stelle fest, dass awer d'Prozeduren am Virfeld vun deem Bauprojet, déi an der EU-Direktiv iwwert d'Impaktstudien op d'Ëmwelt an d'Information vun der Effentlechkeet festgehal sinn - well déi Direktiv gouf jo och 1995 a Lëtzebuurger Recht ëmgaset, et gouf scho gesot -, dass déi net richtig applizéiert goufen. Jorelaang Varianten-diskussione waren deem virausgang, wou den Tracé sollt verlafen, fir iwwert d'Musel ze fueren, mä besonnesch, wat dat Deelstéck tëschent Fréiseng an Altwies ubelaangt. Vun deene verschidene Varianten huet finalement d'Süd-Variant d'Renne gemaach, anstatt vun der Nord-Variant, déi awer während a Jore méi wéi an de Startlächer stoung. An esou ass de Réimerwee eben engem Biotop zum Affer gefall.

An domat ass och deen eigentleche Mëssel ugaangen, well de Bauer Linster vun Helleng, zouglich e begeeschterten Hobby-Archäolog, sech widdert de Kapp gestouss gefillt huet vum deemolegen Travaux-publics-Minister Robert Goebbels. An de Bauer war net bereet, d'Terraine fir d'Süd-Variant hierzeginn, wuel awer fir



d’Nord-Variant, wouraus et dunn zu deem berüchtegte Rechtssträit komm ass. Hei ass et net méi ëm d’Geld gaangen oder ëm d’Landwirtschaft, hei ass et nach just ëm de Prinzip gaangen!

Eng Reklamatioun virum Verwaltungsgericht géint d’Enteegnungsprozedur huet zu enger Plainte bei der EU-Kommissioun gefouert, well déi genannten EU-Direktiv net respektéiert gi wier, an de Minister Goebbels huet effektiv net recht kritt. Ech hunn iwwregens e besonnesche Bezuch zu där Direktiv, déi entre-temps 97/11 heescht, well déi et a sech huet, a si gouf an der Tëschenzäit och schonns e puermol geännert, ergo och eis Lëtzebuenger Gesetzgebung.

Et war am Joer 2007 mäin éischte Rapport, deen ech hei an deem héijenen Haus als Deputéiert hei dem Plenum virgestallt hunn. An ech verstinn och elo eigentlech e bësse besser, firwat dass grad mir, als onbeschriwwent Blat, déi Missioun do zougedroe gi war.

(Hilarité)

Jiddefalls huet déi Direktiv schonns deemools zu engem risege Spektakel gefouert an d’Enteegnungsprozedur ass gestoppt ginn. An déi deemoleg Bauteministesch Erna Hennicot-Schoepges huet de Schlamassel behuuewen, andeems d’Gesetz vun der Saar-Autobunn 2001 - dat Joer ass Arcelor entstān - nei gestëmmt ginn ass, an dat obschonn d’Baggere schonn de 15. September 1997 ugefaangen haten!

Ech zitieren den deemolege Rapporteur an CSV-Deputéierten, Strotzen Néckel: „Mir erliewen haut en aussergewéinlechen, rare Phänomen an der Geschicht vun eiser legislativer Aarbecht, an zwar deen, dass opgrond vun enger Mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun ee mat grousser Majoritéit gestëmmte Projet nach eng Kéier, awer an anerer Form virun de Plenum kënnt.“

Duerno huet d’Famill Linster, och nom Verscheede vun dem betreffende Bauer, weider, coûte que coûte, all juristesche Méiglechkeeten ausgeschëpft, fir dem Bau vun der Süd-Variant esou vill wéi méiglech Steng an de Wee ze leeën an de Stat esou laang wéi méiglech ze blockéieren. Mat deem Resultat, wat mer kennen: Vun 1995 bis haut, dat sinn 19 Joer!

Deem viregten Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler ass et awer finalement gelongen, dee gordesche Knuet do ze zerschloen, an net, wéi ëmmer dat behaupt gouf, dem Minister Goebbels!

Dofir verléieren ech och e puer Wieder, zwar als Netjuristin, iwwer eis gesetzlech Enteegnungsprozedur, mat hirem juristeschen Nospill, déi als ausschlaggebend zweet Element hei mat an d’Spill kënnt. D’Enteegnungsprozedur ass éischtmoleg duerch d’Gesetz vum 16. August 1967 iwwert d’Grande voirie an de Fonds des routes agefouert ginn, mat deem mir hei ze dinn hunn. Et besteet awer och nach d’Gesetz vum 15. März 1979 iwwert d’Expropriation an nach aner Texter, an deenen och Enteeengunge virgesi sinn.

Eng Expropriation ass ëmmer eng Gratwanderung tëschent dem Schutz vum private Besët, wat e Grondrecht ass, wat an eiser Verfassung verankert ass, an dem Allgemenginteresse, fir deen déi Terrainen oder Immobilie gebraucht ginn. Et ass fir d’Éischt en Arrêté grand-ducal, deen d’Noutwendegkeet vun der Enteegnung festhält an d’Utilité publique feststellt opgrond vun dem Avis vum Statsrot. An dann, nëmmen da kënnen d’Enteegnungsprozeduren ufänken.

Si sinn esou konzipiéiert, dass et soll schnell goen, fir dass den ëffentlechen Expropriant esou séier wéi méiglech iwwert déi Propriétéite verfüge kann. Et ass awer och esou, dass dem expropriéierte Besëtzer eng gerecht, juste Entschiedegung garantéiert ass. Dës Enteegnungspraxis fonctionnéiert och zënter Joren zefriddestellend an am Prinzip ouni vill Ophiewes. An déi gängeg Praxis ass selbstverständlech, dass et fir d’Éischt zu enger Eenegung am Gudden mat de betreffene private Propriétaire soll kommen, ier d’ëffentlech Hand zum Schratt vun der Enteegnungsprozedur iwwergeet. Wann awer e Propriétaire, wéi an dësem Fall, op stur schalt, egal aus wéi engen Ursachen, dann huet d’ëffentlech Hand jo och keen anere Choix, wéi op de Wee vun enger Enteegnung ze goen.

Ech zitieren hei den honorable Paul-Henri Meyers bei den Diskussiounen vum 10. Oktober 2007 zum zweite Vote constitutionnel iwwert d’Révisioun vum Artikel 16 aus eiser Verfassung: „Et gëtt keen, deen enteegent gëtt, virun e Fait accompli gestallt. Hien ass am Virfeld informéiert iwwert déi Mesuren an hie kann och

deementspriedend seng Recourse géint déi Mesuren do huelen.“ An et kann ee Respekt hu virun all deene ville Leit, déi sech an all deene Jore mam Stat an an de Gemengen un den Dësch gesat hunn, fir korrekt ze verhandelen. Meeschtens si jo do d’Bauere beträff, fir déi hir landwirtschaftlech Flächen hiert deeglecht Brout bedeiten. An et versteet een och, dass si net ëmmer frou sinn, wa si Lännereie mussen hierginn. Och hei muss d’ëffentlech Hand en Équilibre fannen, besonnesch wat den Ëmweltberäich ugeet, well et werft Froen op, wann de Baueren d’Liewen duerch Direktive vun uewen - d’Lëtzebuenger Bauerejugend schwätzt vun enger „Okodiktatur“- ëmmer méi schwéier gemaach gëtt, dass se emol zum Deel net méi kennen iwwer hiren eegenen Terrain décidéieren.

D’Fro, déi sech awer an dësem Dossier stellt, ass, wéisou d’Enteegnungsprozedur, déi de Stat zënter dem Gesetz vum 31. Juli 1995 huet misse lancéieren, mat esou vill Schwierigkeete verbonne war.

Éischtens huet déi betraffe Bauerefamill all juristesche Register gezunn, fir de Stat ze blockéieren an huet reusséiert, Lëtzebuerg als Rechtsstat virzeféieren. Zweetens huet de Stat déi éischt Enteegnungsprozedur, déi vum Minister Goebbels agereecht gi war, verluer duerch e Formfeeler. Drëtzens sinn zënter 1997 verschidden institutionell, konstitutionell an eng allgemeng Ännerung an eise Rechtsregele komm.

Do ass et nämlech weinst deem bekannten Procola-Arrêt den 12. Juli 1996 zu enger Verfassungsreform komm. Dem Statsrot seng Missioun vum Verwaltungcontentieux goufen ab dem 1. Januar 1997 vum deem eegens dofir geschafene Verwaltungsgericht an der Cour administrative en appel iwwerholl. Dem Statsrot seng Missioun fir d’Konformitéit vun de Projeten, Gesetzter a Reglementer zu iwwergeuerdnete Rechtsnormen, ënner anerem der Verfassung, am Virfeld ze iwwerpräifen, ass verstärkt ginn. An de Contrôle a posteriori vun der Verfassungskonformitéit ass enger Cour constitutionnelle uvertraut ginn.

Dës Reform huet also nei Rechtsweeër opgemaach, déi forcément nei Jurisprudence mat sech bruecht hunn. Esou huet e Bierger, deen en Intérêt huet, fir géint deen Arrêté grand-ducal iwwert d’Expropriation ze kloen, och d’Recht, e Recours virum Verwaltungsgericht anzerechen. An dat ass also och geschitt, well nach ëmmer keng Eenegung mat der Bauerefamill en vue war. Doduerch koumen och verfassungsrechtlech Aspekter dobäi, an et si Questions préjudicielles vum Verwaltungsgericht opgeworf ginn, déi fir d’Éischt hu misse vum Verfassungsgericht tranchéiert ginn. Ënner anerem, ob d’Utilité publique vum Bauprojekt och gi wier, wat 2004 confirméiert gouf an deem deemolege Minister Claude Wiseler, deen deen net benedeinswäerten Dossier entre-temps geierft hat, erlaabt huet, eng nei Enteegnungsprozedur ze lancéieren.

Entre-temps huet d’Regierung, op Urode vun der Bautekommissioun, beim Vote vum zweite Gesetz iwwert d’Saar-Autobunn vun 2004 d’Méiglechkeeten analyséiert fir d’ëffentlech Hand: Wéi kéint d’ëffentlech Hand scho provisoiresch an de Besët vun Terraine komme bei enger Enteegnungsprozedur, ouni dem Propriétaire seng Rechter ze léséieren?

Fënnef Joer laang huet d’Bezirksgericht gebraucht, fir feststellen, dass d’Annexe vum Enteegnungsarrêté mat de Parzellen an den Nimm vun de Propriétaires missten nei publizéiert ginn. Duerch d’Urteil vum 21. Dezember 2011 ass dunn d’Enteegnungsprozedur virugelaf.

Tranchéiert gouf entre-temps och, ob d’Gesetzter iwwert d’Expropriation verfassungskonform wieren. D’Urteeler vum Verfassungsgericht vum 7. Februar 2003 a vum 12. Mee 2006 hunn awer festgehalten, dass déi zwee Gesetzter, wou et ëm d’Expropriation geet, net konform wieren zum Artikel 16 vun der Verfassung. Du ware guer keng Enteeengunge méi méiglech hei zu Lëtzebuerg, weder duerch de Stat, nach duerch d’Gemengen, well déi zwee Gesetzter net méi applicabel waren.

Opgrond vun der Propos vun der Institutionskommissioun an no der Analys vun der Regierung kum et dunn duerch d’konstitutionnell Gesetz vum 24. Oktober 2007, de Rapporteur huet et scho gesot, zu enger Ännerung vum Artikel 16 vun der Verfassung, déi d’Enteegnungsprozedur nees débloquent huet, ouni dass déi zwee Gesetzter hu misse geännert ginn. Den Artikel 16 huet bis dato gesot, dass nëmmen däréif enteegent gi fir Utilités publiques-Zwecker, déi gesetzlech festgehalen sinn, an dofir eng Entschiedegung misst ausbezuelt ginn, déi juste et préalable wier. Ab 2007 gouf dat Wuert „préalable“ gestrach. Doduerch ass d’komplett Ausbezuelt vun der Entschiedegung am Virfeld net méi néideg, ier d’ëffentlech Hand Propriétaire gëtt.

Déi viregt Regierung huet also all Hiewel a Bewegung gesat, fir juristesche Kloeerheet ze schafen. A senger Äntwert op meng Question parlementaire vum 4. Juli 2007 huet den Här Minister Wiseler ënner anerem bestätegt, dass d’Zivilgericht jo scho mam Dossier vun der Expropriation saiséiert wier an dass et direkt kéint virugeen, soubal d’Ännerung vun der Verfassung a Kraaft géif treden, an dass hien d’Vireedungsarbechte vum Chantier schonn esou wäit wéi méiglech géif virundreiwen.

Tranchéiert gouf och nach vun der Cour constitutionnelle den 19. März 2013, dass par rapport zum Gesetz vum 1967 bei Projete vun ëffentlechem Interesse de Recours vun de Propriétaires keng legal Basis huet, vu dass de Gesetzgeber en Équilibre juste réalisé huet tëschent dem Recht op Privateigentum an dem Recht, fir ze expropriéieren am Fall vun enger Utilité publique. Doropshin ass de Stat du schlussendlech Propriétaire ginn duerch gerichtliche Beschluss vum 2. Mee 2013, wéi aganks gesot.

Fir d’CSV ass et dofir evident, dass de Projet net nëmmen esou séier wéi méiglech gestëmmt muss ginn, mä dass och d’Aarbechten esou séier wéi méiglech mussen ulafen. An et ass net nëmmen eng Fro vu Sécherheet, mä och eng Fro vu wirtschaftlechem Standuertvirdeel.

De fréieren Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler huet och schonn am Virfeld derfir gesuergt, mam Accord vun der Commission vum Contrôle de l’Exécution budgétaire vum 3. Juni 2013 - an net vun der Nohaltegkeetskommissioun, wéi den Här Minister Bausch iertümlerchweis a senger Äntwert op meng Question parlementaire geschriwwen hat -, fir dass d’Soumissiounen scho virum Vote hei kéinte lancéiert ginn, mat enger suspensiver Klausel, déi un de Vote vum Projet hei an der Chamber gebonnen ass. An esou konnt ech an der Äntwert gewuer ginn, dass den Appel d’offres den 22. Januar 2014 publizéiert gi war, dass d’Soumissioun am März géif opgemaach ginn an dass de Chantier endlech am Fréijoer 2014 kéint ufänken. Dee Chantier soll, laut Ponts & Chaussées, jo 550 Deeg daueren, dat heescht ronn annerhalleft Joer.

Dofir meng Fro un den Här Minister: Ass effektiv elo alles prett an, vu dass mer elo schonn am Summer sinn an de Baucongé och gläich usteet, wéini kann dann elo konkret ugefaange ginn?

Weider Froen, déi sech stellen: Wéi verleeft d’Koordinatioun vun dësem Chantier, dee jo och nach eng Verlängerung virgesäit vun der Accélérationsbunn vun der Bretelle Richtung Esch bis d’Bretelle vun der Sortie Direktioun Lëtzebuerg um Beetebuenger Kräiz?

Wéi verleeft dat mat de Bauphase vum CFL-Multimodal an Eurohub, woubäi mer beim CFL-Multimodal d’lescht Joer jo déi éischt Phas hei gestëmmt hunn? An dann och nach mat dem Rise-Rond-Point Diddeleng-Biereng: Wou ass déi Prozedur do de Moment drun?

Et muss een op jidde Fall e Verkéierskollaps évitéieren, an dass och d’Camionen herno net duerch d’Uertschaften auswäichen. An och risikéiere mer e Réckstau vum Rond-point Biereng bis op d’Saar-Autobunn zréck.

Wéi wäit ass d’Evaluatiounsetüd iwwert de weideren Ausbau vun där momentan saturéierter Bauschuttdeponie nieft dem Échangeur Helleng? Déi kritt zwar eng separat Zoufahrt, wéi mer héieren hunn, mä et gëtt e weidere Plus u Camionen. D’Fro, déi hannendrun hänkt: Geet dann déi Schutzwand vun dräi Meter duer, fir d’Awunner vun Helleng virun deem zousätzleche Kaméidi ze schützen?

Dann eng weider Fro, ob déi Stroossebeleuchtung, déi virgesinn ass, effektiv um Échangeur an op den Zoufahrten installéiert gëtt. Well, wann et ass, fir se an e puer Joer nees ofzeseën, huet et och kee Wäert, dass mir déi 240.000 Euro an de Sand haut setzen.

Wat geschitt mat deem leidege Problem um Échangeur Fréiseng, wou de Bauer Friedrich scho jorelaang aus onverständleche Grënn - ein Schelm, wer sich Böses dabei denkt - d’Verhandlung blockéiert. Elo, wou déi juristesche Prozedur kloer ass, wat gedenkt den Här Minister ze maachen?

An, last but not least, d’Tankstell op der A13 Richtung Schengen, un där Ponts & Chaussées jo och schonn dru geschafft hunn a géint déi déi gréng mordicus waren, gëtt se realiséiert oder kënnt op enger Längt vu 40 bis 50 km keng Tankstell op d’A13 an domat eréischt déi éischt op der däitscher Säit, mat der Konsequenz, dass d’Camionen nach ëmmer vun der Autobunn eroffueren an an déi kleng Uertschaften, besonnesch op Schengen, erafueren?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Fazit vun der ganzer Geschicht: Et wär schonn derwäert gewiescht, an dësem Fall, en „MOP“ ze schafen, dat heescht e Ministère vun den

ongeléiste Problemer. Inspiréiere kann ee sech do beim „Superjhep“.

Jiddefalls wäerten hei d’Prozesskäschten de Wäert vun deenen dräi Hektar Terrain bäi Wäitem iwwerschreiden, net ze schwätze vum enormen Zäitverloscht! Hei huet och méi wéi ee seng Spuren hannerlooss. De Minister Goebbels ass mam Bulldozer driwwer gefuer. En huet jo och schonn eng Kéier de „Gëllene Bagger“kritt. D’Ministeren Hennicot-Schoepges a Wiseler hu sech d’Zänn bal ausgebass, fir d’Käschten aus dem Feier ze huelen. An de véierte Minister setzt et elo ëm.

Institutionell, konstitutionell Ännerungen vun de Rechtsregelen an all deene Joren hu mat sech bruecht, dass d’Rechtslag vun der Expropriation elo méi kloer ass. Schleefend Gerichtsprozeduren hu sécherlech net dozou bäigedroen, fir der Affär den néidege Stullgank ze maachen. An d’Verständnis vu verschiddene Bierger, wat d’Allgemengwuel ugeet, gëtt ze denken, an dat a puncto kollektiiv Verantwortunggefill an och hire Solidaritéitsgeescht. Ouni a Fro ze stellen, dass de Bierger selbstverständlech och viru staatlecher Willkür muss geschützt ginn! Mä hei halen zwee Propriétaires 10.000 Autobunner (veuillez lire: Autofuerer) als Geisel, an dat schonn zënter Joren. Fir d’Politik muss d’Gemengwuel ëmmer iwwert de Partikularinteresse stoen an dofir...

► Une voix.- Richteg!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Doudou steet d’CSV an dofir wäert d’CSV och dësem méi wéi dréngende Gesetzesprojet zustëmmen.

Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **Mme la Présidente**.- Merci, Madame Andrich, fir déi flott Interventioun. Als nächsten ageschriwwene Riedner ruffen ech elo op d’Trübün den Här Deputéierte Roger Negri.

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Villmools Merci, Madame Presidentin. Mir als LSAP-Fraktioun wäerte selbstverständlech dësem Projet zustëmmen. Ech wëll och als Éischt dem Rapporteur Gusty Graas villmools Merci soe fir seng exzellent Rapporten. Mir si wierklech frou als LSAP, dass mer, wéi een op Lëtzebuergesch seet, déi Kou elo vum Äis kréien. Et ass effektiv esou, deen Deel, dat lescht Stéck vun der Saar-Autobunn kann elo realiséiert ginn, dat ënnert dem staarken Impuls vum Robert Goebbels gebaut ginn ass. Wärd déi Autobunn net gebaut ginn, wëll ech net drun denken, wéi et haut géif ausgesinn an den Uertschaften vun Helleng, Fréiseng an esou weider.

Dofir sinn eis Gedanken haut virun allem, wéi d’Virriednerin, d’Sylvie Andrich, och scho gesot huet, bei all deene Leit, déi do an Accidenter verwickelt waren an och respektiv bei deenen Doudeger, déi do waren. Ech mengen, dat ass net gutt. Dofir wëll ech och dem deemolege Minister Claude Wiseler Merci soen, dass hien deen Dossier do konnt finaliséieren.

Ech mengen, mir sinn elo an enger Situatioun, wou et eréischt méiglech ass, eng Expropriation duerchzeféieren doduerch, dass mer eis Verfassung hu missen änneren. Dofir wëll ech och Merci soen dem Paul-Henri Meyers fir déi gutt Aarbecht, déi do gemaach ginn ass.

Et ass natierlech ni gutt, wann d’ëffentlech Hand muss Privatleit expropriéieren. Dofir soll een dat och nëmmen an Ausnahmefäll duerchféieren, dofir muss een do mat deem néidege Fangerspëtzegefill op béide Säite virgoen. Mä och do wëll ech, wéi meng Virriednerin, en Appell maachen, dass d’Leit och solle rasonabel sinn an net bis op dee leschten Dibbelchen do och ëffentlech Projete verhënnern.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An deem Sënn wëll ech och vläicht dem heitege Minister François Bausch zwou Froe stellen. An zwar engersäits och déi Fro, déi elo grad scho gestallt ginn ass. Ech mengen, och do ass op der Saar-Autobunn nach deen därege Problem mat der Ausfahrt vun der Fréisenger Autobunn. Ech mengen, dat ass och eng Geschicht, do misst een och elo versichen, déi geleist ze kréien. Wat och relativ - fir d’Leit dobaussen - onverständlech ass, et geet effektiv ëm d’Sécherheet vun deene Saachen. An da soll een awer och net verkennen, hei schwätze mer vun engem Stroossen-, engem Autobunnsprojet. Mir si jo als Lëtzebuenger Stat do amgaang, awer och en Eisebunnsprojet ze maachen op der Streck vu Beetebuerg op Diddeleng, an och do wäerte mer gesinn, dass et net esou einfach ass, ëmmer all Terrain ze kréien.

Ech mengen, Dir wësst alleguerten, dass bei Stroossen- an Eisebunnsprojeten, do kann ee sech net ëmmer erauswielen, wou ee wëll fueren. Do kann een net einfach contournéieren - dat ass net, wéi wann een eng Schoul wëllt



bauen, déi kann een eventuell op enger anerer Plaz bauen -, mä Stroossebauprojeten an Eisebunnprojeten, déi muss een eben deelweis op engem gewëssenen Tracé féieren. Do kann ee vläicht mat Varianten e bësse spillen, mä haaptsächlech huet een do net dee Spillraum, wéi dat virgesinn... Dofir ass et och gutt, dass de Plan sectoriel „Transports“, dass deen elo raus ass, dass ee sech do ka festleeën.

An deem Sënn wëll ech awer dem Här Minister d’Fro stellen, well mer jo wëssen, dass do nach net all Terraine kaaft gi sinn, wéi do d’Prozedur ass, ob mer do och eventuell an esou eng Enteeignungsprozedur erakommen.

Dofir nach eng Keier den Accord vun eiser Fraktioun a villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Negri. An d’Wuert huet elo d’Madame Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass schonn aussergewéinlech, dass fir e Stroossebauprojet aacht Gesetzter gemaach ginn an datt genee 47 Joer tëschent dem éischen an dem leschte Gesetz leien! An et ass nach méi aussergewéinlech, dass u sech fir e banale Stroossebauprojet d’Constitution muss geännert ginn. Wann ee sech dann awer méi am Detail mat der Virgeschicht vum Projet beschäftegt, da versteet een, firwat et esou laang gedauert huet, an och ganz gutt, wou d’Knackpunkten an dëser Geschicht louchen.

Den Här Graas ass a sengem Rapport am Detail drop agaangen a verdéngt e grouse Merci fir d’Méi, déi e sech gemaach huet, fir bis op d’Joer 1967 zrëckzegoen. A sengem Rapport gesäit ee ganz gutt, dass scho virun 20 Joer eng éischte Keier iwwert den Tracé vun der Strooss ofgestëmmt ginn ass an och iwwert de Bau vun der Bréck, déi iwwert d’Musel sollt féieren.

Deemools koun et an der Chamber zu hëtzen Diskussiounen, un deenen natierlech och meng gréng Virgänger bedeelegt waren. D’Madame Andrich hat et gutt erkannt. Ee vun hinne war d’Renée Wagener. Hatt stoung am Joer 1994 op dëser Plaz, hatt war d’Sprächerin vun der grénger Fraktioun an huet Folgendes gesot - 1994: „Fir déi meescht Leit heibannen ass d’Saar-Strooss eng Evidenz, iwwert déi een eigentlech net méi muss diskutéieren. Allenfalls kann ee sech nach iwwert den Tracé des Laangen an des Breeden an d’Hoer kréien. DÉI GRÉNG gesinn dat e bëssen anescht. Fir eis stelle sech eng ganz Rei vu prinzipielle Froen. Dat ass éischtens d’Fro vun der Opportunitéit vun dëser Strooss, an zweetens stellt sech d’Fro vun de Prozeduren, déi deemnächst applicabel sinn, fir d’Planungsphas vu Stroossebaute méi transparent an demokratesch ze maachen, an och fir hiren ekologeschen Impakt besser an de Grëff ze kréien.“

Domat hat d’Renée Wagener schonn 1994 ganz genee déi zwou Froen opgeworf, déi dozou gefouert hunn, dass déi gréng Fraktioun effektiv de Bau vun der Saar-Strooss net gestëmmt huet an déi zum Deel och dozou gefouert hunn, dass de Projet an engem prozedurale Chaos geendegt huet.

Déi éischt Fro war natierlech déi vun der Opportunitéit vun dëser Strooss. Ouni d’Rad vun der Geschicht wëllen zrëckzedréien, wëllt ech awer kuerz op den ekologeschen verkéierspoliteschen Aspekt vum Projet agoen. D’Dokumenter, déi 1994 virlouchen, hu kengesfalls op d’Nécessitéit vun der Strooss higewisen. Alldéngs war et schonn deemools kloer, dass déi schlecht Liewensqualitéit an den Uertschafte vun der betreffenner Region déi politesch Responsabel dozou beweegt huet, eppes ze ënnerehuelen. Wat louch deemools méi no wéi de Bau vun enger neier Strooss, déi, ähnlech wéi d’Nordstrooss, all d’Problemer sollt léisen?

De Ressort vun den Travaux publics hat zu där Zäit eigentlech just een Zil, an dat war de Bau vu Stroossen. Iwwer méi ëmweltfrëndlech Alternativen ass guer net nageduecht ginn, ob schonn de Bau vun enger Zuchstreck a Richtung Saarland schonn eemol am Joer 1869 am Gespréich war. Deemools huet d’Chamber souguer de Pläng vun enger Zuchverbindung tëschent Esch-Uelzecht, Beetebuerg a Réimech zougestëmmt, dat am Hibleck op d’Ubannung un d’Linn Tréier-Saarbrëcken. Haut gëtt vun deem Projet guer net méi geschwat. Deemools war d’Zil, fir d’Minettgéigend mat de Kuelegrouwe vum Saarland a vum Ruhrgebiet ze verbannen. Den däitsch-franséische Krich huet dësse Bau alldéngs verhénnert.

Ëmmerhin ass awer eng sougenannten „Schmuelspurstreck“ vu Lëtzebuerg op Réimech gebaut ginn, mä déi ass am Joer 1955 ausser Betrib gesat ginn. Domat huet also zënter 1955 keng Zuchverbindung méi aus der Stad a Richtung Südoste vum Land funktionéiert, an eng Zuchverbindung, déi d’Südgemeenge sollt matenee verbannen, ass ni gebaut ginn.

Vu datt d’Entwécklung an d’Kommerzialiséierung an awer och d’Symbolik vum Auto an de 50er an an de 60er Joren am Mëttelpunkt stoungen, si sämtlech verkéierspolitesch Décisiounen an deene Joren zugonschte vum Auto geholl ginn. Och wann eenzel gesellschaftlech oder politesch Randgruppen, zu deenen och Déi Gréng gehéiert hunn, déi vill Stroossebauprojekte kritiséiert hunn, ass et hinne awer net gelongen, sech mat alternative Proposen duerchzesetzen.

Haut sti mer natierlech virun der Situatioun, dass d’Saar-Strooss bis op hir 1.300 m, ëm déi et haut geet, längst gebaut ass, an dës Situatioun kënnen mer och haut net méi änneren. Mir kënnen eis trotzdeem froen, wéi den ekologesche Bilan ausgesinn hätt a wéi de Bilan vun der Liewensqualitéit ausgesinn hätt, wann zu fréieren Zäiten net an de Bau vun enger Autobunn investéiert gi wier, mä an de Bau vun enger Zuchstreck. Eng Zuchstreck, déi d’Stad an de Süde vun eise Land mam Saarland verbannen hätt.

D’Äntwert läit op der Hand. Et brauch een nëmmen un all déi Bëscher, Biotopen, d’Grondwaasserschichten an d’Waasserschutzzonen ze denken, déi ronderëm Mondorf, Rëmerschen a Fëlschdref leien, da kann ee soen, de Bilan wär bestëmmt méi positiv wéi haut. Déi negativ Auswierkunge vum Autostrafic op dëser Strooss, op déi brauch een net méi anzegoen. Wie weess, hätt d’Konzept vum MoDu vläicht virun 20 Joer um Dësch geleeën, da wär vläicht haut den Zuch ënnerwee.

Déi zweet Fro, déi d’Renée Wagener schonn am Joer 1994 opgeworf huet, war déi vun de Prozeduren. Well d’Regierung drop verzicht hat, d’EU-Direktiv iwwert d’Impaktstudien aus dem Joer 1985 zu der virgeschriwwener Zäit ëmzesetzen, ass de Robert Goebels als Transportminister dovun ausgaangen, dass dës Direktiv net misst applizéiert ginn. Wéi d’Direktiv dun awer ëmgasat war, huet de Minister no engem Wee gesicht, fir se bei Stroossebauprojeten net mussen ze applizéieren an den Impakt op d’Ëmwelt net an der virgeschriwwener Form mussen ze analyséieren.

Dem Renée Wagener war dat net entgaangen. Ech zitëiere si nach eng Keier. 1994 huet si Folgendes gesot: „Ech bleiwen iwwerzeegt, dass am Fall vun der Saar-Strooss et géif duergoen, dass e Propriétaire géint den Oflof vun der Prozedur géif virun de Statsrot goen oder virun den Europäesche Geriichtshaff, fir datt d’Saach gekippt géif ginn.“ Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d’Saach ass gekippt ginn, mat de Konsequenzen, déi mer kennen.

Ouni laang nach an der Vergaangenheet wëllen ze réieren, ass dës Punkt mer wichteg, well et hei net just ëm ekologesch Richtungskämpf geet, bei deenen et fir oder géint de Bau vun de Stroosse geet, mä hei geet et ëm vill méi, hei geet et ëm fundamental Prinzipie vum Rechtsstat. Et geet ëm d’Prozeduren, ëm d’Roll vum Stat beim Anhale vu Prozeduren an ëm d’Spillregelen, un déi net nëmmen d’Biergerinnen an d’Bierger vum Land sech ze halen hunn, mä och de Stat an och d’Regierung.

Wann eng Regierung, trotz verluerene Prozesser, trotz Warnunge vum Statsrot oder vun der Europäescher Kommission, trotz staarke Bedenke vun alle Säiten nawell mam Kapp duerch d’Mauer wëllt a fir de Bau vun enger Strooss Prozeduren ausser Kraaft setzt, un déi all normale Mënsch sech muss halen, dann ass dat méi wéi bedenklech. Wa Privatleit, déi e Gaardenhaische wëlle bauen, eng Genehmigung vum Buergermeeschter mussen hunn, da muss och e Stat, deen eng Autobunn duerch eng Gemeng baut an iwwert d’Privatpropriétéite vu Leit verfuge wëllt, déi virgeschriwwene Prozeduren anhalen.

Beim Projet Saar-Strooss ass dat net geschitt. An dat war och de Grond, Madame Andrich, firwat déi gréng sech am Oktober 2001 eng zweete Keier enthalen hunn. Net emol enthalen, mä guer net emol gestëmmt hunn!

Dee ganze Schlamassel hat awer och eng positiv Säit. Dat Ganzt war eng Léier fir d’Politik. Säit dem Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff weess jiddwereen, dass EU-Direktiven ëmgasat an applizéiert musse ginn, dass ee se net no Gutdünken interpretéiere kann, fir politesch Benefiss draus ze zéien, an datt d’Politik d’Rechter vun de Bierger net einfach kann ignoréieren. D’Recht vun der betreffenner Famill huet an dësem Fall doranner bestanen, sech géint d’Willkür vum Stat ze wieren.

Dowéinst ass et eiser Meenung no net ganz richtig, mä éischer ongerecht, déi Famill dohinzustellen, wéi wa se soss näischt am Kapp gehat hätt, wéi hiren eegenen Interessi virun d’Interesse vun der Allgemengheet ze stellen, esou wéi wa se keng moralesch Verantwortung hätt wëllen iwwerhuelen, oder wéi wa se just op stur geschalt hätt, wéi d’Madame Andrich dat ausgedréckt huet. Mir sinn der Meenung, dass grad déi Biergerinnen a Bierger, déi de

Courage hunn, géint Politiker virzegoen, déi sech net un d’Regele vum Rechtsstat halen, beweisen, dass se Verantwortung iwwerhuelen. Verantwortung fir eng Gesellschaft, déi vun der Politik schéngt op d’A gedréckt ze ginn.

Sou vill zu der net onwesentlecher Virgeschicht vun dësem Projet, dee bei menge grénge Virgänger oft fir héije Bluttdrock gesuergt huet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer awer och nach e kuerze Bléck no vir, an der Hoffnung natierlech, dass esou Konflikter an Zukunft sech net méi wäerte widderhuelen an datt den aktuelle Stau a Geforepunkt op der Streck esou séier wéi méiglech behuewe ka ginn.

An der Kommissioun sinn eng Rei Punkten diskutéiert ginn - déi si schonn erwähnt gi vu menge Virriednerinnen an och vum Rapporteur -, ech wëllt der just zwee ervirhiewen, dat ass natierlech dee vun der Bauschuttdeponie, deen e ganz interessante Volet begräift. An dee vum Vëloskonzept an der Region.

D’Pläng weisen aus, dass eben ënnerhalb vun dësem Projet en Zoufahrswee zu der Bauschuttdeponie wäert geschafe ginn. A mir wëssen, dass déi Deponie bei hire Limiten ukomm ass. Dofir och d’Fro un den Här Minister, ob ugeduecht ass, d’Deponie auszubauen - wat an eisen Ae wierklech positiv wär, vu datt Bauschuttdeponien an eise Land dréngend gebraucht ginn an och dezentral sollen installéiert ginn -, oder ob den Zoufahrswee eben aus anere Grënn geplangt ass.

Eng zweet Fro, déi ech wëllt opwerfen, Här Minister, ass déi vun der Verkéiersberouegung op der Streck Frëiseng-Beetebuerg, der N13, wou den Échangeur mündegt. Och den Här Graas huet schonn drop higewisen. Während d’Streck a Richtung Frëiseng ënnerhalb vun dësem Projet de loi berouegt soll ginn, versti mer eigentlech net richtig, firwat deen aneren Deel vun der Strooss net an de Projet fält.

Déi Strooss féiert laanscht de Beetebuenger Parc merveilleux, wou zu Spëtzebesuchsäiten Honnerte vu Kanner an Honnerte vun Autoen ënnerwee sinn. Kierzlech ass déi Strooss réaménagéiert ginn, mä zum Bedauere vun deene Grëngen ass deemools just en Trottoir ugeleucht ginn, während net un d’Vëlosfuerer geduecht ginn ass.

Duerch deen héijen Autostrafic an der Vitesse vu ganzer 70 Stonnekilometer, déi op Statsstroosse jo nach ëmmer üblech ass, wann et net an enger Uertschaft ass, gehéieren d’Cyclisten op dëser villbefuerener Streck zu de Verléierere.

Och wann et aus Zäitgrënn net méiglech war, och dës Volet mat anzebeziehen an d’Gesetz, wäre mer awer Demandeur, Här Minister, och deem Deel vun der N13 Rechnung ze droen. Emsou méi well dës Streck déi eenzeg direkt Vëlosverbindung a Richtung Mondorf duerstellt, wann ee vu Beetebuerg kënnt. A mir gi jo dovun aus, dass Dir d’Vëlosfuerer net wëllt forcéieren, 50 km Ëmweeër ze fueren! Dat ass jo an Ärem Konzept vun de Vëlospiste mat integréiert.

Dofir eis Fro, ob Dir bereet sidd, den Tempo och emol op Statsstroossen erfzesetzen oder ebe Statsstroossen a Kommunalstroossen ëmzeklasséieren, fir dass d’Gemengen dann eben de Choix hunn, wéi eng Vitesse se op där Strooss wëllen applizéieren, oder ob Der aner Méiglecheete gesitt, fir de Vëlosfuerer tëschent der zukünftiger Ausfahrt vum Échangeur Helleng bis hin zum Beetebuenger Park an der Beetebuenger Gare souguer méi Sécherheet ze garantéieren.

Mir denken, dass nieft dem Bau vum Échangeur Helleng, dee jo den Autofuerer zegutt-kënnt, eng vun Ären Haaptprioritéite misst doranner bestoen, och eppes fir d’Vëlosfuerer ze maachen, an domat dem ustoende Vëlospis-tegesetz, wat vläicht nach dëst Joer an d’Chamber kënnt, scho konkret virzepräien.

An där Hoffnung ginn ech lech den Accord vun der grénger Fraktioun a soe villmools Merci fir d’Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Lorsché. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och mir wëllen dem Rapporteur Gusty Graas Merci soe fir dës Rapport. Ech mengen, op d’Wichtigkeet vun der Saar-Strooss brauch kee méi anzegoen. An der Zwëschenzäit weess jiddwereen, wéi wichteg de Bau vun där Strooss war.

Ech wëll um Schluss vun dëser Debatt, déi iwwer Jorzéngte bal gedauert huet, hei nach eng Keier Positioun bezieen a kloerstellen, wien am Fong schold drun ass, dass mer an där Situatioun sinn, dass mer iwwer Joren de Bypass zu Helleng hunn. D’Fro vun der Schold huet vill ze

vill laang gedauert an et ass net oft genuch hei diskutéiert ginn. D’Schold dréit am Fong nëmmen een Numm. Dat ass eng Persoun, vun där ech gëschter Owend um Fernseh gemierkt hunn, dass se elo och politesch an d’Pensioun gaangen ass, an déi heescht Robert Goebels.

Un deem Ganzen, wat mer elo hei erlieft hunn op der Saar-Strooss, gëtt et just eng Persoun, den deemolege Minister Robert Goebels, deen dorunner schold huet, an ech wäert lech dat och erklären.

D’Gesëchter Linster vun Helleng, net mam Lea Linster Famill, mä vun Helleng, vun deenen huet ee Mann, den Aloyse Linster - deen an der Zwëschenzäit dout ass -, dee vu Kandheet un um Réimerwee sammele gaangen ass an iwwer 40.000 Objete gesammelt huet, méi wéi de Statsmusée huet - um Réimerwee. Et ass der Famill Linster ni ëm d’Geld gaangen. Et ass ëm de Prinzip gaangen. An d’Famill Linster huet gesot: Wann de Stat eng aner Variant huet, da schenke mer em all d’Terrainen, mä wa se iwwert de Réimerwee fueren, da maache mer alles, fir dass se deen Terrain net kréien. - Dat war dat éischt Argument, wéi et ugaangen ass.

Dobäi koun dann, dass de Stat mat senge Bierger - de Robert Goebels - op eng gelunge Manéier ëmgaangen ass. Ech ginn lech e puer Beispiller: An der Chamberskommissioun ass deemools parallel iwwert de Projet Saar-Strooss an d’Ëmsetze vun der europäescher Direktiv diskutéiert ginn, an där d’Konsultatioune vun de Bierger, d’Impaktstudie op d’Ëmwelt virgesi sinn, vun deenen och scho meng Virriedner geschwat hunn.

De Robert Goebels huet deemools an der Kommissioun argumentéiert: Mir stëmme fir d’Éischt d’Gesetz an e puer Deeg duerno stëmme mer d’Direktiv, da ware mer mam Gesetz virun der Direktiv an da brauche mer se net ze applizéieren. - Obschonn déi Direktiv scho laang hätt misse transposéiert sinn.

All Expert an all d’Parteien hunn deemools gesot: Wann een do klot, verléiere mer doudsécher, well mer se net applizéiert hunn. Déi deemoleg Majoritéit huet dem Minister gefollegt, huet fir d’Éischt d’Gesetz gestëmmt, deen Dag drop d’Direktiv, et ass geklot ginn a mir hu verluer.

En zweete Punkt: De Minister Goebels huet zu Helleng op enger grousser Versammlung, op där bal 200 Leit waren, de Leit gesot, well d’Leit net esou mat der Variant averstane wieren, hien hätt mam franséische Stat en Accord getraff, fir en Échange mat Terrainen ze maachen. An zwar kréich tëschent Helleng a Frëiseng de Lëtzebuenger Stat Terraine bäi, fir ebe méi Richtung Frankräich ze goen, an dofir kréich de franséische Stat dann zu Rodange Terraine bäi. En huet de Leit deen Accord do erkläert.

Mir waren deemools als Gemeng skeptesch a mir sinn als kleng Politiker vun der Gemeng op Metz an d’Préfecture gefuer an hu gefrot, wéi wäit deen Dossier wier. Déi soten, si hätten nach näischt héieren dovunner. Mä - soten se - mir froen zu Paräis no, da soe mer lech Bescheid.

Déi hunn nogefrot a si hunn zu eis gesot: Et deet eis leed, zu Paräis weess och kee Bescheid.

(**Hilarité**)

Also, do ass einfach vun engem Minister behaapt ginn an duergestallt ginn, hien hätt déi Terrainen do schonn échangéiert an a ganz Frankräich vu Grouss-Hetteng bis op Marseille - an do läit Metz a Paräis dertëschent - hat nach kee Mënsch eppes dovunner héieren.

En drëtt Beispill: An der Kommissioun huet de Minister deemools behaapt, wéi ech gesot hunn, et wieren nach zwee Terrainen, déi de Stat net hätt: Ech hunn d’Terrainen alleguer fir d’Saar-Strooss ze bauen. A wéi d’Famill Linster dat héieren huet, do ass de Kolli deene Leit geplätzt, a mat Recht.

Et muss ee wëssen, dass déi Famill grouss Méritter vis-à-vis vun dësem Land huet. Déi hunn am Krich 13 Jongen, Réfractairen, laang Jore verstoppt. An nom Krich haten déi Leit guer näischt méi. Eng Kou - net déi, déi den Här Negri wollt op d’Äis féieren, well dat war dem Här Goebels seng Kou -, nach eng Kou, an et ass e Gielemännche vun der Steiervverwaltung nom Krich hinne déi lescht Kou versteeë komm, well se näischt méi haten, fir hir Steieren ze bezuelen. Se haten alles fir d’Jonge ginn.

An do besteet, ech wëll net soen en Haass, awer eng gewëssen Distanz vis-à-vis zu dësem Stat. A wéi dun och nach e Minister komm ass, deen esou iwwert d’Leit hiergefall ass, do



huet den Aloyse Linster zu mir gesot: „Gast, wann ech mam Stat fäerdeg sinn, da mécht en dat doten ni méi hei am Land mat iergenden-gem Bierger. “An en huet recht gehat.

Et ass der Famill Linster ni ëm d’Geld gaangen. D’Gemeng Fréiseng huet all d’Terrainen, déi se gebraucht huet, vun deene geschenkt kritt. An d’Famill Linster huet hiert Haus mat deenen Terrainen, déi un hiert Haus eru ginn, enger Stéftung elo virun e puer Joer ginn, eng Fondation Linster/Weydert, wou elo e Musée dra gebaut gëtt iwwert d’Réfractairen - well mer esou een am Land nach keen hunn -, wou dee Bunker och erëm opgeriicht gëtt, wou déi Jongen deemools verstoppt waren, fir och der Jugend kënnen ze weisen, wéi et fonctionnéiert huet, wou e Musée iwwert de Réimerwee dra kënnt a wou all d’Associatiounen hei am Land, déi sech mat der Geschicht befaassen, do hire Siège kréien.

Et ass där Famill ni dorëms gaangen, et ass ëm de Prinzip vum Rechtsstat gaangen. A se hate recht. A mer sollen hoffen, datt mer nach vill Leit hei am Land kréien, déi de Courage hunn, wa se recht hunn, hiert Recht ze sichen.

Duerch der Famill Linster hir Oppositoun hu mer eis Verfassung geännert; mir hu se missen änneren. An elo kréien d’Bierger, wa se vum Stat expropriéiert ginn, hiert Geld, ier de Stat an de Besëtz vum Terrain kënnt. Duerch d’Famill Linster hu mer missen déi europäesch Prozedure respektéieren an d’Gesetz huet missen eng zweete Kéier heibanne gestëmmt ginn, wou dunn d’Prozedure respektéiert waren. An d’Gesetz, wat du gestëmmt ginn ass... Normalerweise gëtt ee Gesetz gestëmmt, ier ee Projet uleeft. Hei war en deemools scho bal fäerdeg, wéi mer e gestëmmt hunn, mä d’Prozedur ass dunn awer gemaach ginn.

Déi Leit hunn also e grouse Mérite. An dofir waren et net Leit, d’Famill Linster, déi de Chantier blockéiert hunn - ech hunn dat dacks héieren, datt d’Leit gesot hunn: Wat hunn déi dann, déi Stauen do, et sinn Doudeger do. -, neen, si waren net déi Schëlleg. Een, dee säi Recht sicht, an och recht kritt huet, deen huet dat als Bierger... An engem Land ass dat eng Pflicht an e Recht. Mä et ass um Stat, an a priori un engem Minister, sech un d’Verfassung, un europäesch Rechter an un d’Rechter als Stat vis-à-vis vun de Bierger ze halen.

An dat ass hei op där ganzer Linn vum deemo-lege Baute Minister Robert Goebbels violéiert ginn an dofir sinn déi Leit zu honnert Prozent am Recht an et ass dofir, datt ech dat haut zum Schluss vun där Debatt hei nach eng Kéier wëll kloer soen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Gutt, dass mer déi europäesch Rechter hunn!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Gibéryen. Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll de schwéierhärzege Accord vun eisem Grupp ginn zu deem Projet. Ech huelen déi Informatiounen, déi den deemo-lege Buergermeeschter vu Fréiseng eis an deem Dossier ginn huet, mat Interesse zur Kenntnis, wëll déi awer elo net kommentéieren.

Eisen Accord fält eis ëmsou méi schwéier, wéi effektiv déi Saar-Autobunn do, wéi dat jo och d’Vertriederin vun deene Gréngen opgeworf huet, eigentlech e Problem u sech schonn ass, déi awer elo fäerdeggestallt gëtt an déi Schikan do aus der Welt geschafe gëtt.

Eigentlech misste mer derfir suergen zesummen, datt souwuel d’Gidder wéi och méi Persounen iwwert d’Eisebunn géifen transportéiert ginn, an eigentlech misste mer derfir suergen, datt déi Nuisancen, déi d’Autobunnen de Moment iwwerall ustellen, souwuel wat de Kaméidi ugeet wéi wat d’Ëmweltbelaaschtung ugeet wéi wat beispillsweis, wat mer an enge vun deene leschte Kommissiounen gesot kritt hunn a wourop ech wäert deemnächst eng Kéier zrëckkommen, d’Belaaschtung duerch Hydrocarburé laanscht d’Autobunn ugeet, wat Ëmweltbelaaschtunge sinn, déi eigentlech an hirem Ausmooss nach guer net alleguerten aschätzbar sinn.

Eigentlech misste mer derfir suergen, datt opgrond vun all deenen Nuisancen Alternativen am ëffentlechen Transport geschafe ginn.

Mir bedauern an deem Zesammenhang och ganz kloer, datt hei deemools ee Projet ge-

maach ginn ass fir eng Autobunn a par contre eng Verbindung vun der Eisebunn u Saarbrécken eigentlech net geplangt ginn ass.

Sou wéi iwwerhaupt während Jorzéngten, an ech hu schonn e puermol hei drop higewisen, an de Fait ass net ze nieieren, d’Investitiounen an den Eisebunnsssektor wäit hannert deem waren, wat misst geschéien. An dat ass eng vun den Ursaachen, firwat datt den ëffentlechen Transport haut hannendran ass par rapport zu dem Individualverkéier a firwat datt déi Belaaschtung duerch den Individualverkéier och esou grouss ass.

Déi Regierung hei huet sech elo op hire Fändel geschriwwen, fir villes nozehuele vun deenen Investitiounen, déi an den ëffentlechen Transport misste geschéien. Mir hoffen, datt och d’Budgeten an d’Recetten duerfir do sinn.

Mä do, wou et sécherlech méi schwéier ass, fir nozehuelen, wat verpasst ginn ass an der Vergaangenheet, dat ass, wat d’Verbindunge vum ëffentlechen Transport a vun der Eisebunn an d’Ausland ugeet. Och wann et mat der Belsch schéngt Fortschreitter ze ginn, esou si mer awer nach wäit hannert deem, wat eigentlech do vu Verbindunge misst bestoen.

Ech wier och frou, wann de Minister eis kéint soen, wéi et mat de Verbindungen u Frankräich ass, un Däitschland ass. Wa mer kucken, ënner anerem d’Grenzgänger, déi moies am Stau hänken; ech wäert deemnächst och eng Kéier zrëckkommen op de Käschtepunkt vun deene Stauen.

Mir stëmmen also deem Projet do, der Fäerdegstellung oder - loosse mer soen - der Of-schafung vun der Schikan zou, net awer ouni drop hinweisen, datt esou Stroossebaupro-jeten iwwerhaupt ouni eng massiv Förderung vum ëffentlechen Transport eigentlech kontra-produktiv sinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Turpel. Ech hunn d’Wuertmeldung vum Här Michel Wolter.

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech freeë mech, wéi all meng Virriedner, dass e Problem, dee sech iwwer laang, laang Joren higezunn huet, elo dann endlech zu enger Solutioun geféiert gëtt.

Wann een dat nolauschtert, wat de Rapporteur gesot huet, an och, wat vill vun den Intervenanten hei gesot hunn, dann, an egal wéi een d’Situatioun emotional behandelt, ass eigentlech d’Saach hei während Jore gescheitert un der Fro vun de Propriétéitsverhältnissen an un der Fro, ob an ënner wat fir enge Konditiounen de Stat ka par rapport zu Privatleit e Virrecht kréien, fir am Intérêt vun der Allgemengheet Infrastrukturen ze bauen. Onofhängeg dovun, dass selbstverständlech, wéi den Här Gibéryen et gesot huet, all aner Prozeduren dee Moment mussen agehalen a respektéiert ginn.

Or, Autobunnen a Stroosse sinn en Deel vun engem Gesamtkonzept. Stroossen hunn hei zu Lëtzebuerg traditionell säit Jorzéngten eng iwwergeuerdnet Roll gespillt. Mä ech mengen, dass zur gesamter Mobilitéit och d’Mobilité douce gehéiert. A säit 2002 hu mer am IVL festgehalen, dass mer eis zum Zil géife setzen, fir en „modal split“ vu 25% erbäizeféiere mat 40% souguer am urbane Raum.

Fir dat awer kënnen ze errechen, geet et net duer, fir Stroossen ze bauen, et geet net emol duer, fir Zuchverbindungen ze bauen, well déi an hirer Capacitéit och limitéiert sinn. Mä et muss ee virun allem och kucken, dass dee klengen Transport, deen awer ëmmerhin 30 bis 35% vun alle Bewegungen hei zu Lëtzebuerg ausmécht, ka funktionnéieren.

Dozou gehéieren d’Foussgänger, dozou gehéiert de Vëlo. Mir hunn am IVL deemools festgehalen, dass mer géife probéieren, de Vëlo an de Foussgänger ganz staark ze stäerken. An anere Länner, an déi mer jo oft fueren - ech denken do zum Beispill un Holland -, do gëtt et eng Kultur vum Vëlo. Déi Kultur vum Vëlo, déi kënnt awer net vun engem Dag op deen aneren. Déi Kultur vum Vëlo, déi kënnt, wann ee jorzéngtelaang systematesch an eng Richtung schafft, a virun allem, wann een d’Infrastrukture kritt, fir kënnen déi Pisten unzeleeën, déi noutwendeg sinn, fir dass de Vëlo ka funktionnéieren.

Wann Dir duerch Holland fuert, dann hutt Dir quasi iwwerall, wou et méiglech ass, eng systematesch Trennung tëschent der Strooss an dem Vëlo. An dat, fir ze errechen, dass méiglechst eng grouss Unzuel vu Leit kënnen op sécherem Wee dann un hiert Zil kommen.

Am Plan sectoriel, an ech mengen, dat ass e ganz gudder Punkt, gëtt den IVL a säi Prinzip rappeliert. D’Regierung huet sech dann och

Méi ginn, fir nei Proposen auszeschaffen, déi am Hierscht solle proposéiert ginn, fir eben deen doten Deel vum Verkéier aneschtens ze regelen.

Et gëtt geschwat, den Här Minister huet bei der Presentatioun vun de Plans sectoriels zu Belval geschwat vu Subsidien, déi d’Gemenge kéinte kréien, wa se Vëlosweeër géifen uleeën. En huet och geschwat, dass e besonnescht Augenmerk soll geluecht ginn op d’Ubannung vun de lokale Réseauen zu den nationale Réseauen.

Or, an ech mengen, dat ass de Problem an der Diskussioun, ass de Problem, dee sech eigentlech och an deem Projet gestallt huet: Fir kënnen ze bauen, geet et net duer, fir wonnerbar Iddien ze hunn, et geet net duer, fir wonnerbar Pläng ze hunn, déi vu Büren ausgeschafft ginn an déi ganz vill Sënn maachen, mä et muss ee Propriétaire kënnen ginn. Dat ass déi eng Konditioun. An déi zweet Konditioun, dat ass, dass, wann een e Vëloswee mécht, een och en uerdentleche Belag muss kënnen hunn, fir da mat deem Vëlo driwwerzufueren.

An ech mengen, domadder ass och d’Boucle geschloss zu deemem Projet. Well wann een net Propriétaire gëtt, da geschitt näischt. Wann een net Propriétaire gëtt an deem Dossier, dat hu mer gesinn, da geschitt iwwer Jorzéngten näischt. Wann an nächster Zukunft d’Geme-gen an de Stat net kënnen Propriétaire ginn, fir den net motoriséierte Verkéier ze regelen, da geschitt och op deem Domän net dat, wat mer gären hätten.

Ech hunn den Här Minister bei der Presentatioun vun IVL d’lescht Woch drop ugeschwat, fir an deem Projet de loi vum Oktober virzege-sinn, dass d’Vëlosweeër gläichgestallt gi wa méiglech mat den Autosweeër. Net einfach esou, mä ënner Konditiounen an ënner Kritä-ren, déi misste festgehalte ginn.

Et geet net drëms, fir arbiträr Propriétaires en Terrain ewechzehuelen, mä et geet drëms, fir an engem ausgeklügelte Konzept vu Mobilité douce, wat a ganz ville Gemengen an deem Land nach méiglech ass - et ass aneschtens, et ass net all Gemeng wéi d’Stad Lëtzebuerg, wou esou e Konzept net méiglech ass, mä et sinn eng ganz Rei Gemengen, wou dat machbar wier, wou et wichteg wier, dass d’Gemenge kéinte Propriétaire da ginn, no Prozeduren, déi ze kläre sinn, mä an der Chance, dass et an engem rasonablen Délai kënnt.

Well et kann net sinn, do hunn ech e ganz konkret Beispill, wat ech ganz gutt kennen, dass, wann ech eng Ubannung un den nationale Vëloswee wëll maachen, et feele mer 400 m, ech hunn eelef Propriétaires, an et sinn zéng Propriétaires domat d’accord, fir mer déi 400 m ze ginn, déi ech brauch, fir kënnen dann d’Ubannung ze maachen, an et ass ee Propriétaire, aus egal wat fir engem Grond - an do ginn et all méiglech Grënn; jiddweree vun eis, dee Buergermeeschter ass, dee kritt jo ëmmer mat, wann en en Terrain wëll kafen, wat fir eng Grënn virgeschobe ginn. Dat geet „vu bis“, fir dat net ze maachen.

Ech mengen net, dass, wann een als iwwergeuerdnet Zil sech 25% Mobilité douce virstellt, et ka sinn, dass ee vun eelef Propriétaires, wou een da véier Meter brauch op enger Längt vun 20 m laanscht eng Strooss, dass deen eigentlech während Joren a Jorzéngten e Projet ka blockéieren.

An iwwert déi Fro wär ech frou, wa mer am Hierscht kéinten, och am Kader, Här Bausch, Här Minister, vun Ärem Projet, diskutéieren. Well déi schéinste Beweeggrënn an déi schéinst Iddien, déi een huet, déi ginn näischt, wann een dat net mécht.

Dir hutt mir op Belval geäntwert, d’Gemengen hätten haut all Méiglechkeeten. Ech hunn dat nach eng Kéier nogekuckt. Ech mengen, dass dat net esou ass. D’Gerichter sinn d’interpréta-tion stricte an deene leschte Jorzéngte gewiescht, wat d’Expropriatioun ubelaangt. Expropriatiounen sinn nëmme méiglech an deenen Domänen, déi explizit am Gesetz stinn. D’Vëlosweeër, d’Foussweeër stinn net an där Lëscht dran. Soudass ech mengen, dass mer d’Gesetz an där Richtung missten änneren, wa mer déi Ziler, déi national politesch Ziler, wa mer déi wëlle maachen.

Ech hu gesot, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dass eng zweet Konditioun noutwendeg ass, dat ass, dass dann dee Vëloswee, deen een uleet, dee ganz oft och mat ganz ville Käschte verbonnen ass fir d’Gemengen, dass deen e Belag huet, iwwert deen een dann och, net nëmme de Summer, wann et 30 Grad sinn a schéint Wieder ass, ka fueren, mä och am Wanter ka fueren, wann et reent a wann et schneit.

D’Gemengen haten, eng ganz Rei, hir Schwie-regkeete mat der Verwaltung an deene leschte

Joren, wann et drëms gaangen ass, fir e Belag ze kréien, deen deem entsprécht, wat ee sech haut drënner virstellt. Wann een notammet gären hätt, dass d’Kanner géifen an d’Schoul fueren, da kann et net sinn, dass, wa se an der Schoul ukommen, se eigentlech vun der Joffer dann nees heemgeschéckt ginn, well hiren Zoustand esou ass, well se iwwer e Wee gefuer sinn, deen net där Beschreibung eigentlech entsprécht.

An ech wollt lech, Här Minister, Merci soen, well Dir hutt do eppes gemaach, wat jorelaang net méiglech war. Mir hunn nämlech mat grousser Freed festgestallt d’lescht Woch bei engem Projet an eiser Gemeng, dass Der den Tarmac och elo erlaabt, opgrond vun Etüden, déi an Däitschland gemaach si ginn, dass et also net méi déi berühmte Gruine ass, déi ee muss huelen, fir säi Vëloswee ze maachen, mä dass een och mat Belag kann dat maachen, déi engem duerno als responsabele Gemengepoli-tiker d’Garantie ginn, dass d’Bierger iwwert deen Invest, deen een do am Intérêt vun der Allgemengheet mécht, och fueren. An duerfir wollt ech lech och Merci soen.

Voilà.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Wolter. D’Wuert huet elo den Infrastruktur- an No-haltekeetsminister, den Här François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d’Éischt dem Rapporteur souwéi och alle Riedner Merci soe fir hir exzellente Rieden, déi den Historique ganz gutt gemaach hu ronderëm dee Projet hei an och d’Kontroverse gutt erausgetrach hunn, déi et gi sinn an deene leschte Joren.

Ech kann nëmme soen: „Uff, haut huele mer endlech déi Décisioun!“ Doriwwer si mer alle-guerte frou. Mä ech muss awer op där anerer Säit och soen, den Här Gibéryen huet eng relativ emotional Ried gehalen, an där en hei de Problem beschriwwen huet, dee sech gestallt huet mat dem Här Linster. An ech muss soen, ech ginn em recht a senger Beschriewung!

Ech fannen, en huet dat eigentlech, zwar op eng relativ emotional Aart a Weis, mä awer ganz gutt beschriwwen, wat hei den eigentlechen Hannergrond vun deem Problem war, an och, wat d’Resultater dovunner waren, nämlech datt mer eng Rei Gesetzer duerno geännert hunn, d’Verfassung geännert hunn, wat d’Situatioun méi kloergemaach huet.

Mä grondsätzlech huet e recht, datt et hei bei deem Mann do... an dat ass, wëll ech awer dann direkt derbäisoen, dat ass net ëmmer de Fall, wann et ëm Emprisë geet. Ganz oft, wann et ëm Emprisë geet, dat muss een awer och daitlech soen, da geet et net ëm eng eierbar Cause, déi verteidegt gëtt, mä da geet et ëm vill Suen, déi ee gär hätt. Mä bei deem hei Mann ass et net ëm d’Sue gaangen. An ech ginn lech duerfir total recht an Ärer Iwwer-leung.

An ech mengen, och dat, wat déi meescht Riedner och heibanne gesot hunn, mir sollen och iwwert dee Leidenswee do e bëssen - wéi soll ech soen? -, driwwer nodenken an och wëssen, datt virun allem de Stat, wann et drëms geet, d’Gesetz ze respektéieren respek-tiv Reglementer anzehalen, datt de Stat do muss beispillhaft sinn a wierklech mam gudder Beispill virgoen an net däréi dat maachen, wat awer zum Deel effektiv an der Vergaangenheet hei, an do schwätzen ech wierklech an der Ufanksphas virun allem, wat do gemaach ginn ass par rapport zu deem Problem hei.

Mä wéi gesot, de Problem stellt sech awer generell vun Emprisen an oft och ëm de Käschte-punkt an no Präisser, déi gefrot gi bei Emprisen. Dat huet awer oft net ze di mat eierbaren Iwwerleunge vu Leit, mä wierklech, well ver-sicht gëtt, den absolute Maximum, souguer doriwwer eraus u Präisser erausgeschloen. An dat ass oft de Grond, firwat keng Eenegung ka fonnt ginn.

Dat bréngt mech dann och direkt zu där éischter Fro, déi gestallt ginn ass, an zwar: Wéi ass et mat der Opfahrt Fréiseng? Wou si mer do an der Prozedur drun?

Et ass esou, datt do natierlech Froe vun Em-prisë sech gestallt hunn a keng Eenegung bis elo konnt fonnt gi mat de Propriétaires.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dat ass eng aner Basis.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Ech muss och... Mä dat ass eng..., mä do ass d’Basis eng ganz aner, wollt ech elo direkt soen. Do huet de Comité d’acquisition vum Stat seng Aar-



becht gemaach. Ech muss och soen, datt souguer versicht ginn ass, e Médiateur anzeschalten, fir ze probéieren, fir do op iergendee grénge Zweig ze kommen, mä dat ass bis elo net méiglech gewiescht.

An et ass elo esou: Déi Propriétaires hunn elo e Rendez-vous bei mir gefrot am Ministère, deen ech hinne selbstverständlech och ginn hunn, fir nach eng Kéier mat mir doriwwer ze schwätzen. Ech soen awer och ganz däitlech: Dat ass dee leschte Rendez-vous, dee mer wäerten zustane bréngen. Ech si bereet, mer selbstverständlech nach eng Kéier alles unzehéieren, wat ech do wäert gezielt kréien, mä wann aus deem Gespréich näischt Positives wäert erakommen, da wäert et ganz kloer esou wäit op de Wee goen, datt mer hei an d'Expropriatioun ginn.

Well ech mengen, dann hu mer laang genuch diskutéiert. Also, mir wëllen dat elo fair maachen a korrekt an da kucken, datt mer vläicht eens ginn, woubäi ech hoffen, datt mer eens ginn. Wann et net méiglech ass, wäerte mer deen anere Wee ganz kloer goen.

Dann ass gefrot ginn: Wéi geet et lass, wéini geet de Chantier un? Bon, d'Madame Andrich huet gesot, datt ass richtig, datt mäi Virgänger, de Claude Wiseler, d'Ausschreiwunge scho preparéiert hat an an d'Ausschreiwungen dräschreiw gelooss huet, datt natierlech se nëmme kënne applizéiert ginn, loosse mer et emol esou nennen, sous réserve, datt och d'Chamber d'Gesetz stëmmt.

Dat ass och souwéiso, dat kann ee maachen, dat ass absolut legal, dat ze maachen, dat gëtt och méi wéi eng Kéier gemaach, fir eben derfir ze suergen, datt, wa mer, wann d'Chamber de Feu vert ginn huet, da kann déi Klausel eben do spillen, da kann een direkt ufänken oder éischter ufänke mat schaffen. Dat ass richtig. An duerfir ass et och esou, datt alles prett ass. D'Proposition d'adjudication, déi ass um Lafen.

A wann d'Chamber haut, wéi et jo awer ausgesäit, à l'unanimité dat Gesetz wäert stëmmen, da kënne mer direkt iwwergoen. An am Prinzip - ech soen awer: am Prinzip! - misst dann nom Summercongé direkt d'Aarbecht ugoen. Firwat soen ech „am Prinzip“? Mä dat hänkt natierlech elo dovun of, wann den Zouschlag gemaach gëtt, ob ech keng Reklamatiounen kréien.

Dir wësst, datt d'Méiglechkeet vun esou vill Deeg virgesinn ass, wou d'Adjudicataire kënne an Asproch maache géint eng Décisioun, wa se fannen, datt d'Adjudication net richtig gelaf wär. Mä wéi gesot, wann dat net kënnt - ech hoffen, datt keen Asproch kënnt -, da geet nom Summercongé de Chantier lass. An da kënne mer effektiv relativ zügekucken, datt mer endlech dee Problem do behuewe kréien.

Da sinn eng ganz Rei Froen gestallt ginn am Zusammenhang och mam Échangeur, mam Multimodal an deem, wat de Multimodal alles vu Risiko beinhalt vu Verkéier.

Ech wëll éischters emol soen, datt dee ganze Projet Multimodal - do ass jo och hei an der Chamber d'Gesetz scho gestëmmt -, wann Der kuckt, wéi dee Projet um Ufank sech presentéiert huet an an deem leschten annerhallwe Joer, géif ech soen, sech weiterentwickelt huet, datt heescht, do si jo vill Reklamatiounen komm vu Bierger; et ass och eng Biergerinitiative ginn, wou d'Leit sech natierlech, aus verständleche Grënn, Suerge gemaach hunn ëm de Verkéier, da gesäit een, datt dee Projet sech enorm verännert huet, sougutt am Stroossebauleche wéi och wat d'Protektiounsmesuren ubelaangt fir d'Bierger par rapport zum Verkéier.

Et ass och esou, datt déi Verbesserung vun de Verflechtungen tëschent dem Échangeur Hellen an der Croix de Bettembourg, datt déi alles virgesinn, datt dat soll parallell elo mam Chantier lafen, wéi och d'Koordinatioun mat dem Échangeur, deen neien Échangeur Biereng, dee soll gebaut ginn, dat soll zügek virgoen, datt dat alles mat der Öffnung vum Multimodal fäerdeg ass.

D'Eisebunn ass ganz optimisteschem Moment. Si seet, de Multimodal géif am Laf vum Joer 2016 opgoen. Bon, tant mieux, wann dat esou ass. Et ass e wichtege Projet. Mir versichen eben och, dann all déi aner stroossebaulech Mesurë parallell mat ze realiséieren, datt alles prett ass, fir wann de Multimodal opgeet.

Op alle Fall, kann ech lech soen, ass alles gemaach ginn. An och dës Regierung huet nach eng lescht Décisioun geholl. Virun dräi, véier Méint hate mer mam Buergermeeschter vun Diddeleng eng Biergerversammlung zu Diddeleng, déi ganz gutt besicht war, an do war natierlech ee leschte Sträitpunkt de Kaméidi. An do hunn ech nach eng lescht Décisioun geholl an de Leit versprach, ech géif der Regierung proposéieren, fir definitiv laanscht d'Autobunn och Lärmschutz ze maachen.

Well vill Kaméidi, dee gefaart gëtt duerch de Multimodal, dee kënnt net duerch de Multimodal, mä dee gëtt et schon haut duerch d'Autobunn selwer. Et ass och vu Ponts & Chaussées eng Verkéiersetüd gemaach ginn, déi dat och ganz kloer beleet, datt do den Hauptproblem ass. An do wäerte vill Mesurë getraff ginn. Déi eis awer och eppes kaschten, muss ech soen! Dat heescht, dat wäert net bëlle ginn, fir dee Lärmschutz ze maachen. Mä mir maachen dat awer am Intérêt ebe vun de Bierger, déi do ronderëm wunnen.

An da wëll ech lech och soen: De Lärmschutz, deen ass sécherlech effikass, well zum Beispill wäert do plazeweis eng Digue vun dräi Meter gebaut ginn iwwert den Niveau vun der Autobunn. Dat heescht, wierklech esou e Wall, deen och nach begrängt gëtt uewendrobber. Also, dat gëtt wierklech en zolitte Schutzwall, deen do gebaut gëtt, fir ze versichen, de Maximum vum Kaméidi, dee vun der Autobunn kënnt, ewechzekeréien.

Dann ass d'Fro gestallt ginn, och vun der Madame Andrich, wat d'Belichtung ubelaangt op den Échangeur respektiv do ronderëm. Et ass esou, et gëtt jo en Audit de sécurité, dee vu Ponts & Chaussées gemaach ginn ass fir all eis Stroossen am Land, dat heescht, och d'Autobunnen. An och natierlech fir deen doten Deel.

Selbstverständlech gëtt deene Saachen, déi am Audit de sécurité zréckbehale ginn, Rechnung gedroen a gëtt d'Belichtung deementsprechend gemaach, well grad op den Échangeuren ass wierklech e Sécherheetsproblem, deen ee muss ganz staark beuechten a puncto Belichtung, an net op groussen anere richte Strecken. An dat wäert alles do och installéiert ginn.

Dann ass d'Fro gestallt ginn och vun der Tankstell zu Schengen. Ech muss lech soen, déi Tankstell vu Schengen, dat ass net nëmme eng Fro, well déi gréng do dergéint waren oder ëmmer fonnt hunn, datt eng riseg Tankstell do ze bauen, datt dat net onbedéngt am Aklang wär mat aneren Theorien, déi mer alleguer gär verzielen, wa mer dann ëmmer schwätze vum Ausstieg aus dem Tanktourismus an esou weider an da monter nach iwwerall weider derfir suergen, datt den Tanktourismus éischter nach an d'Luucht geet, wéi datt en erofgeet.

Mä et ass och eng Fro vu Gestaltung vun enger Tankstell. Well, ech kann lech soen, d'Gemeng Schengen, déi aktuell, ech hat de Schafferot direkt um Ufank vu mengem Mandat am Januar eng Kéier bei mer, dee Projet, deen eng Kéier emol virges war, déi ware guer net „amused“ doriwwer, iwwert dee Projet, well dat ass e risegen, gigantesche Projet gewiescht, mat enger Aire de jeux, mat Gott weess wat net nach alles ronderëm. An de Buergermeeschter an de Schafferot sur place vu Schengen, déi hunn eng aner Visioun, muss ech soen, an ech ka se dofir nëmme félicitéieren, vun hirer Uertschaft, wéi se vläicht emol nach an der Zäit bestanen huet. Déi gesinn hir Uertschaft éischter, fir se nohaltege ze entwéckelen, nohaltegen Tourismus an esou weider. A si sinn éischter méi besuergt de Moment, also, si hätten éischter am léifsten, si géife souguer nach Tankstellen a Schengen kënne lassginn, wat natierlech net esou einfach ass, wéi datt mer elo vill doriwwer nodenken, ob mer uewen eng bäibauen, wou emol guer net sécher ass, datt dat all eis Problemer wäert léisen.

Déi Diskussioun iwwert: d'Camione fueren derduerch. Jo, et gëtt Verbueter, an et gëtt besonnesch do e Verbueter. Well Dir wësst jo, datt Der do an enger héijer Pente sidd. Déi Camionen, déi komme jo op der däitscher Säit eriwuer, tanken zum Deel do an da fuere se illegal déi Pente do erop. An do kommt Der direkt an dem Tunnel eraus, wat en décke Sécherheetsproblem natierlech duerstellt. Mä dat ass illegal, déi dierften net do fueren! A mir mussen eis awer och eng Kéier d'Fro stellen, ob et net derwäert ass, datt mer eis emol aner Moyene ginn, fir dat och ze kontrolléieren.

Ech weess, datt dat net ëmmer ganz einfach ass, well do muss een och soen, do ass mer zu Ouere komm, datt bei de Camioneure verschiddener op Tankstelle souguer esou wäit ginn, datt se de Camioneure carrément d'Protokoll bezuelen, well dat nach ëmmer derwäert ass, well déi tanken iwwer 1.000 Liter! Dat ass natierlech en immens lukrativ Geschäft. Mä da muss ee sech vläicht eng Kéier d'Fro stellen, ob net a spezifesch Situatiounen wéi do d'Protokoll vläicht emol e bësse méi deier gemaach ginn - also fir d'Camione méi deier ginn -, respektiv d'Kontrolle vläicht aneschtens gemaach ginn. Ech mengen, dat sinn och Léisungsvirschléi, déi ee sech muss iwwerleeën, wann trotz dem Verbueter, dee besteet, de Camionsverkéier awer nach mengt, e misst eroffueren a Schengen tanken.

Bon, do, wéi gesot, mir sinn amgaang, dat ze kucken. An och si mer amgaang ze analyséieren, ob dat dann net awer Sënn géif maachen,

méi eng kleng Tankstell ze maachen. Ech muss lech awer och allerdéngs soen, de Problem ass, datt mer de Moment nëmme Plaz hunn op där rietser Säit, fir eng ze maachen, an op där lénker Säit vun der Tankstell net. Dat ass och alles net esou einfach. Dat heescht, do gëtt et eng Rei technesch Constraints, déi maachen, datt, wann ee souguer och wéilt eng Tankstell do installéieren, dat an der Praxis net esou einfach ass, oder méi einfach gesot ass, wéi gemaach ass.

Dann ass d'Fro gestallt gi vun der Madame Lorsché, well jo d'Gemeng Beetebuerg do déi Deponie wéilt maachen, iwwert d'Méiglechkeet vum Accès zu där Deponie. Dat ass virgesinn am Projet. Natierlech, d'Strooss selwer, datt ass de Rôle herno vun der Gemeng. Mä an dem Projet ass virgesinn, datt d'Méiglechkeet vum Accès do geschafe gëtt, soudatt dee Problem dann domadder och behuewen ass.

Dann ass och d'Fro gestallt gi vun der Madame Lorsché an och vum Rapporteur iwwert d'Verkéiersberouegung op der N13. Ech hat jo och am Ministère eng Entrevue mat der Gemeng Beetebuerg, do hu se mer déi Saache jo och all, schonn déi Doléancé virgedroen. An ech muss soen, ech kann dat absolut verstoen. An dofir hu mer och virgesinn, am Kader vun der Verkéiersetüd ronderëm den Eurohub, och mat der Gemeng Diddeleng zesummen, sougutt wat d'Vélosweeër ubelaangt wéi och eng Rei aner verkéiersberouegend Moossnamen op den Nationalstroossen, déi am Detail ze kucken an op ee Wee ze goen.

An ech kann lech just soen, ech sinn absolut op, fir och op Statsstroosse Vitessereduktiounen ze maachen. Ech mengen, dat wësst Der. An et sinn och elo Rei Gemengen... Awer natierlech net egal wat! Ech sinn net d'accord, datt elo all Gemeng kënnt a seet: Mir hätten op all Statsstrooss gär, ech weess et net, eng Zon 30. Dat maache mer natierlech net! Mä et gëtt sécherlech punktuell Momenter, wou et an engem gesamte Verkéierskonzept duerchweeës Sënn mécht, och Vitessen ze reduzéieren. Sief et zum Beispill bei dem Parc merveilleux, wat effektiv eng Plaz ass, wou vill Leit natierlech higinn, datt ee sech kéint do virdru virstellen, datt een do eppes mécht. An ech mengen, dat soll een am Detail kucken. Op alle Fall sinn ech ganz op, fir dat ze maachen.

Da war nach d'Fro gestallt gi vun... Ech kucken eng Kéier séier no, datt ech näischt vergiessen. D'Deponie, dat hunn ech alles. Da war nach d'Iwwerleeung gemaach gi vum Här Wolter, méi am allgemenge Kontext, mat den Empriesen och am Zusammenhang mat Vélosfuerer. Also, dat heescht, den Här Wolter huet elo hei de Kontext benotzt, fir dat och e bëssen ze thematiséieren.

An ech muss soen, ech deelen do total seng Aschätzung. An ech sinn och der Meinung, datt ee muss kucken, dat ass bei Vélospisten - do hutt Der honnertprozenteg recht - oft et e ganz grouse Problem, datt et do bal nach méi schweier ass, un Emprisen heiansdo ze kommen, wéi wann ee Stroosse wéilt bauen. An do gëtt et Méiglechkeeten, bei den nationale PCen ass op alle Fall kloer, déi stinn am Gesetz dran, do kënne mer op de Wee goen zum Beispill och vun Expropriatiounen. An ech loosse dat wierklech och préieren, fir ze kucken, innerorts, well et jo awer wichteg ass - ech mengen, dat ass jo och d'Philosophie, wou ech e bësse geännert hunn am Gesetz -, datt mer déi Umschlëss maachen, datt mer och do déi Méiglechkeete schafen. Ech mengen, dat solle mer kucken am Kader vun deem Gesetz. Entweder brénge mer et hei dran an d'Gesetz direkt oder iwwer en anere Wee. Dat sinn ech amgaang, am Detail analyséieren ze loosse. An dann, mengen ech och, datt dat sécherlech e richtege Wee ass, fir dohinner ze goen.

A wat de Belag ubelaangt, wat Der ugeschwat hutt, ech mengen, mir hunn an deene leschte Méint vill dorunner geschafft, mat där neier Cellule de mobilité douce am Ministère a mat där neier Division vu Ponts & Chaussées, a mir ware jo op Würzburg, do hate mer eng Rees organiséiert, wou mer d'Gemengen, de Syvicol och matgeholl hunn, fir eben ze weisen, wéi vill Belägg dat et gëtt an datt een dat och méi flexibel kann handhaben. Awer an engem Sënn, datt et fir de Vélosfuerer, wéi Der richtig sot, Sënn mécht. An dofir ass elo eng Circulaire ministérielle vu mir erausgaangen, déi eben déi nei Méiglechkeete beschreift. An dat erkläert och, firwat datt Der elo déi Méiglechkeeten do kritt hutt.

Da waren nach d'Froen vum Här Turpel, wat d'Eisebunn ubelaangt an der Grenzregioun. Ech mengen, mat der Belsch ass et esou, datt mer e relativ gudd Kontakt hunn, muss ech soen. Ech mengen, Dir hutt jo och matkritt e bëssen iwwert d'Press iwwert dat, wat elo zu Arel war, wou ech mam Buergermeeschter vun

Arel do zesumme war, fir eventuell dee grouse Park & Ride, wou ech och amgaang sinn elo schonn ze kucken, mat der Eisebunn a mat der SNCB zesummen, wéi mer kéinten do och d'Desserte maachen dohinner, datt och do wierklech en Arrêt marquéiert gëtt. Also, wat eis immens nei Méiglechkeete géif bidden, fir wierklech Dausende vun Autoen vun eiseem Stroossenetz erofzekeréien. Well dee Park & Ride, wou en do virgesinn ass, extrem gutt läit, wierklech un der Eisebunn.

Mir mussen d'Tarifikatioun nach kucken, datt mer eng Eenegung fannen. Mä mat der Belsch hunn ech ganz gutt Gespréicher de Moment, muss ech do soen. Et muss een elo natierlech waarden och, bis déi nei Regierung en place ass, national wéi och regional. Ech hoffen, datt dat net erëm eng Kéier zwee Joer dauert. Dat wär natierlech net dat Allerbescht. Mä ech sinn awer gudder Dëng, datt mer do wäerte weiderkommen.

Mat Däitschland ass et esou, datt jo Enn des Joers de Rheinland-Pfalz-Takt wäert a Kraaft trieden, wou am Stonnentakt op Koblenz gefuer gëtt respektiv an de Spätzestonne souguer am Hallefstonnentakt. An d'Regierung vu Rheinland-Pfalz ass u mech erugefuerde respektiv un d'Lëtzebuurger Regierung erugefuerde virun zwee Méint, dräi Méint, fir ze froen, ob mer eis kéinte virstelle matzemaachen, haaptsächlech, datt mir géifen d'Desserte maachen dovunner, vun där sougenannter West-Streck vun Igel op Tréier. Dir wësst, de Moment leeft d'Eisebunn, wann Der vun hei dohinner fuert, op der rietser Säit. Dat läit net ëmmer optimal, well d'Leit wunnen ebe genau op där anerer Säit.

An do gëtt et eng Eisebunnstreck an déi gëtt de Moment just fir Gidderverkéier genotzt. Do gëtt et och nach souguer Garen, déi sinn awer zou fir de Persounverkéier. An d'Land Rheinland-Pfalz wär bereet, fir déi Garen erëm ze réaménagéieren, wierklech ze erneieren an och derfir ze suergen, datt do erëm ka Passagéierverkéier gemaach ginn. An da géife mir vun der Lëtzebuurger CFL aus kucken, eben d'Zich ze assuréieren, also matzemaachen, fir datt mir d'Zich géifen assuréieren. Dat géif och bedeiten, datt mer natierlech missten nach där duebelstäckeg „KISS“-Automotrices, déi mer elo no an no geliiwert kréien, datt mer där nach méi musse kréien.

Do ass och eng Optioun nach drop vun der Eisebunn, an ech hunn der Eisebunn och gesot, si sollen emol mer eng Propos maachen, ob een... Ech mengen, datt et Sënn mécht, datt ech der Regierung wäert proposéieren, déi Optioun och ze zéien, well mer do och e gudd Kontrakt kritt haten, also déi lescht Regierung e gudd Kontrakt mat der Eisebunn zesummen do kritt hat. A wann dat alles klappt, da wär dat natierlech eng flott Opportunitéit, well da kéinte mer déi West-Streck och notzen, déi méi no do läit, wou d'Leit wunnen, an dat sécherlech och dozou féiert, datt mer nach méi Leit, och vun der däitscher Säit hier, op den öffentlichen Transport kéinte kréien.

Här President, ech mengen den Här Deputéierten...

► **M. le Président.-** Jo, et wier och gutt, wann Der...

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-** Jo, ech sinn direkt fäerdeg.

► **M. le Président.-** ...géift zur Konklusioun kommen.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-** Ech sinn direkt fäerdeg.

► **M. le Président.-** Merci. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marcel Oberweis (CSV)-** Här President, Merci fir d'Wuert. Ech wollt den Här Minister froen, wann Der scho vun där Streck do schwätzt, ob déi al Iddi vun deem Réngzuch, déi an der Zäit emol ronderëm geegeschtert ass, kéint wouer ginn. Lëtzebuerg, Thionville, Saarbrécken, hannerëm iwwert déi dote Streck op Metz, op Tréier zréckkommen. Dat géif jo eppes bedeiten, wat an der Zäit schonn diskutéiert ginn ass: e Réngzuch an der Groussregioun. Well dat war en Thema, dat Ufank der 2000er Joren, 2000 geschwat ginn ass. Dat ass dunn ewechgetässelt ginn. Mä elo, wann déi dote Streck reaktivéiert gëtt, da géif dat awer op eemol Sënn maachen.

Merci villmools.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.-** Jo, Merci,



Här Oberweis fir déi Fro. De Problem stellt sech natierlech just: Op Saarbrécken, also, do ass einfach verpasst ginn - dat musse mer esou soen, wéi et ass, an et huet och een et opgeworf -, wéi decidéiert ginn ass, eng Autobunn op Saarbrécken ze bauen op Lëtzebuerger Säit, do war deemools eng Diskussioun, ob een net soll eng nei Eisebunnstreck och bauen op Saarbrécken, mä dat ass awer leider ze spéit. Do ass och haut näischt méi ze maachen. Mir hunn dat alles nach eng kéier préiwe gelooss. Mä duerfir gëtt et schwierig, fir den Uschloss Saarbrécken ze maachen.

Wat dat anert ubelaangt, Dir kritt natierlech eng Verbindung Saarbrécken-Tréier, déi gëtt et, an déi gëtt och am Dezember, wann de Rheinland-Pfalz-Takt agefouert gëtt, verbessert vun der däitscher Säit aus gesinn, fir eben och vun do Leit séier op Tréier ze bréngen. Wat natierlech och e Virdeel fir eis ka sinn, well, wa mer dann am Hallefstonnentakt an der Spëttestonn eroffueren, mer och aus där Regioun Leit iwwer Tréier op Lëtzebuerg kéinte kréien.

Just nach vläicht ee Wuert zu Frankräich. Ech mengen, do ass et am schwierigsten, well et och a Frankräich ganz schwéier ass, fir en Uspréchpartner ze fannen. Do muss ee fir alles op Paräis goen. D'Regioun ass meeschtens mat allem averstanen oder mat villem, mä d'Regioun huet näischt ze soen. Dat ass de Problem.

An ech kann lech just soen, mir hu vill Problemer mat de Fransousen, och zum Beispill wat de Sécherheetssystem ECTS ubelaangt, wat jo den europäesche Standard soll sinn, wou d'Kommissioun och misst derfir suergen, dass e grousst Land wéi Frankräich deen och applizéiert, mä d'Fransousen hate bis elo refuséiert. Ech hunn elo e Brëif un d'Madame Royal geschriwwen vun dräi Säiten, an ech wäert och versichen, elo e Rendez-vous zu Paräis ze kréien, fir mat hir doriwwer ze diskutéieren.

Mä ech kann lech just soen: De Problem ass einfach a Frankräich, Paräis ass wäit ewech fir si vu Lëtzebuerg an d'Problemer vun der Lorraine - hunn ech heiansdo d'Impressioun - sinn net déi prioritäerste Problemer vun de Fransousen, also vun der Regierung zu Paräis. Mä bon, mir versichen awer och do natierlech Verbesserungen ze maachen.

Wat awer sécherlech besser gëtt, dat ass, wann d'Beetebuerger Streck op véier Spueren, also véier Gleiser ausgebaut gëtt. Dat gëtt eis méi Capacitéit an da kënne mir mindestens bis Thionville méi ubide wéi haut, vill méi wéi haut. Also, dat heescht, d'Capacitéit immens eropschrauwen. An d'Gare Lëtzebuerg kritt jo nach e fénneften a sechste Quai an deen ass haaptsächlech geduecht och fir no Süden, sou-dass och d'Capacitéit awer ganz sécher fir d'Grenzregioun vun där Wart hier wäert besser ginn.

Dat gesot, Här President, soen ech Merci fir déi breët Zoustëmmung, an duerfir freeën ech mech dorobber, an da kënnen den Här Fox a seng Equipe direkt ufänken am Hierscht, am September, mat schaffen.

► **M. le Président.** - Merci och. A mir géifen dann och direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6654 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6654 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An de Vote ass ofgeschloss.

(Brouhaha)

► **M. Aly Kaes** (CSV). - Den Här Berger soll sech ëm seng Ofstëmmung këmmere an net ëm meng.

(Hilarité)

► **M. le Président.** - De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmme bei enger Enthaltung ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6654 est adopté par 59 voix pour.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mme Cé-cile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An ech géif d'Chamber froen, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméis-sege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann esou decidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet de loi 6697 iwwert déi éischt Phas vum Bau vun der Cité des Sciences, wou et drëm geet, fir d'Ausstattung vun deene Gebailechkeeten ze finanzéieren. D'Wuert huet direkt d'Rapportrice vum Projet, d'Madame Josée Lorsché.

6. 6697 - Projet de loi relatif à l'équipement meublant, scientifique, informatique et autre de certains bâtiments de la Cité des Sciences à Belval

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, beim Projet de loi 6697 geet et ëm den Équipement vun de Gebailechkeeten, déi an déi éischt Bauphas vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation um Site vu Belval falen.

Den 13. Juni 2014 ass de virleiende Projet de loi vum Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister déposéiert ginn. De 24. Juni 2014 huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn.

An der Sëtzung vum 3. Juli 2014 huet d'Nohaltegkeetskommissioun mech als Rapportrice designéiert. An darselwechter Sëtzung huet d'Nohaltegkeetskommissioun, zesumme mat der Kommissioun vum Enseignement supérieur et de la Recherche, souwuel de Projet de loi wéi och den Avis vum Statsrot an alle Punkten analyséiert an deementspriedend Adaptatiounen um Projet de loi virgeholl.

De 7. Juli 2014 huet d'Kommissioun mäi Rapport unanime ugehall. Dir kënnt also feststellen, léif Kolleginnen a Kollegen, datt et des kéier ganz séier gaangen ass. Net emol ee Mount no sengem Dépôt steet dës Projet de loi um Ordre du jour vun der Chamber. An deem Sënn wëilt ech als Presidentin vun der Nohaltegkeetskommissioun...

► **M. le Président.** - Wann ech gelift, et ass e bësse vill Backgroundgeräisch. Lauschtert wann ech gelift der Rapportrice no.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*. - Merci, dat ass ganz fein.

Ech wëilt dofir als Presidentin vun der Nohaltegkeetskommissioun e grouse Merci ausdrécken un all d'Memberen, déi matgeschafft hunn, fir hir konstruktiv Zesummenaarbecht a bal och guer net polemesch Zesummenaarbecht an deem Dossier.

Donieft wëilt ech awer och dem Rachel Moris, als Sekretärin vun der Kommissioun, Merci soen, an och de Fachleit aus dem Héichschoul-secteur, déi eis Aarbechte begleet hunn.

Méi speziell handelt et sech beim Projet de loi 6697 ëm de Finanzement vun de Miwwelen a vum informatische Material fir folgend Etablissementen, déi ech op Franséisch benennen, well et eigentlech kee spezifesch lëtzebuergeschen Numm fir des Gebailechkeete gëtt.

Dat sinn:

- d'Maison du Savoir,
- d'Maison des Sciences humaines,
- d'Maison du Nombre,
- d'Maison des Arts et des Étudiants,
- d'Maison de l'Innovation,
- d'Maison du Livre,
- de Centre de Calcul,
- d'Hall des Ingénieurs an
- de Bâtiment des Laboratoires.

Woubäi ze bemerken ass, datt déi definitiv Ausstattung vum Laboratoiresgebaai oder vun de Laboratoireseenheeten net integral an de Programm vun deemem Projet gefloss sinn, dat aus wëssenschaftlechen an techneschen Ursachen. Fir déi Eenheete gëtt donieft nach e spe-

ziellt Gesetz ausgeschafft.

All des Gebaier sinn iwwer sechs verschidde Gesetzter an de Joren 2008-2012 autoriséiert ginn an definéiert ginn.

Verschidden Deeler vun deene Gebaier ginn nach aneren Entitéiten, wéi där vun der Uni Lëtzebuerg, zur Verfügung gestallt, an och déi Entitéite kënne vun desen Equipementer profitéieren.

Dat sinn:

- de lëtzebuergeschen Zenter fir Biomedezin,
- den CRP Henri Tudor,
- den CEPS/Instead,
- de Fonds national de la recherche,
- d'Fondation Restena,
- de Goupement d'intérêt économique Luxinnovation an
- de Weiterbildungszenter Dr Robert Widong.

D'Dépenses, déi mat deem Gesetzesprojet engagéiert ginn, belafe sech op 140 Milliounen Euro.

D'Aarbechte gi vum Établissement public fir d'Realisatioun vun den Equipementer beim Stat duerchgefouert, dëst um Site Belval-West an no de Konditiounen an de Modalitéite vum Gesetz vum 25. Juli 2002.

Léif Kolleginnen a Kollegen, Dir kennt d'Virgeschichte vun deemem Projet de loi. Se geet zrëck op d'90er Joren, also op déi Zäit, wou et drëms gaangen ass, 650 ha Industriefrichen am Süde vum Land opzewäerten.

D'Zil war, de Site Belval an d'Südregioun allgemeng ënnerhalb vun enger iwwerluechter an nohalteger Landesplanung ekonomesch a gesellschaftlech an d'Licht ze stellen. E Projet-phare vun där Politik war d'Schafung vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation.

De 25. Juli 2002 ass de Fonds Belval iwwer en deementspriedend Gesetz mandatéiert ginn, fir d'Cité des Sciences - ech soen elo nach just Cité des Sciences - ze bauen, an domadder souwuel de Besoine vun der Uni Lëtzebuerg wéi och deene vun de Centres de recherche publics Rechnung ze droen.

D'Cité des Sciences sollt also Raum schafe fir d'Aktivitéite vun der Recherche, der Wëssenschaft, der Innovation, der Literatur, der Mathematik an der technologescher Entwécklung. Wéi gesot, a Verbindung mat der Kreatioun vun der Uni Lëtzebuerg.

Tëscht 2002 an 2005 sinn déi néideg Virstudien an déi generell Programmation fir d'Cité des Sciences realiséiert ginn. Dëst an Zesummenaarbecht mat der Sociéitéit Agora, de Gemengen Esch/Uelzecht a Suessem an dem Ministère vum Enseignement supérieur et de la Recherche.

Opgrond vu feelenden Donnéeën, wat de Bedarf u Raimlechkeete fir d'Uni Lëtzebuerg ugeet, huet d'Commission d'analyse critique am Joer 2006 decidéiert, eng fundamental Analys dozou duerchzeféieren oder duerchféieren ze loossen, wat déi gebrauchte Surfaces, d'Implantatioun vu gemeinsame Services an den noutwendige Budget dofir ugeet.

Am Kader vun där Etüd ass festgehalde ginn, datt d'Präisser fir d'Bürosmiwwelen a gemeinsam Services sech op 1.450 Euro pro Quadratmeter Surface géife belafen, ausser bei de Laboratoires scientifiques, wou d'Dépensé bei 2.000 Euro de Quadratmeter sollte leien.

Op där Basis huet de Fonds Belval den 3. Oktober 2006 déi budgetär Enveloppe fir den Investissement fir d'Cité des Sciences am Ganzen op 565 Milliounen Euro geschätzt.

Dës Zomm war net an den Autorisationsgesetzter enthalen a sollt den Objet vun engem separate Finanzement ginn; haaptsächlech, well d'Evolution vun der Uni net virusgezegi war an och där net sollt virgegraff ginn.

Säit dem Gesetz vum 12. August 2003, wat der Uni Lëtzebuerg e juristesche Statut ginn huet, ass d'Ziel vun den ageschriwwene Studenten bedeitend geklommen a se klëmmt och weider vu Joer zu Joer. Fir souwuel der Evolution vun der Uni, awer och den Aktivitéite vun den CRPe Rechnung ze droen, ass bei der Cité des Sciences bewosst no engem flexibele Konzept gesicht ginn, fir optimal op déi jeeweileg Besoinen an op d'Entwécklung kënne ze reagéieren.

D'Realisatioun vum gesamte Projet beleeft sech op eng Lafdauer vu 15 bis 20 Joer an ass a successiv Phasen opgedeelt. Déi éischt Phas soll 2017/2018 ofgeschloss sinn a begräift den néidege Konstruktionsprogramm, fir datt d'Uni an d'CRPe kënne schaffen. D'Phasen 2 an 3 wäerten no de Besoinen an no der realer Entwécklung um Terrain ausgeriicht ginn.

Fir de genaue Verlaf vun de folgenden Décisions respektiv och den Netdécisionsen verweisen ech op mäi schréffleche Rapport.

E puer Wieder nach zum Avis vum Statsrot, dee mat ganzer aacht Säiten net ze knapp ausgefall ass an deen an der Kommissioun vum 3. Juli 2014 an all senge Punkten analyséiert ginn ass.

Virop bleift ze soen, datt de Statsrot mat enger Opposition formelle gedroht huet am Fall, dass am Gesetz just vun der Cité des Sciences géif geschwat ginn, ouni datt déi eenzel Gebailechkeeten opgezielt wäeren.

D'Kommissioun war sech eens, dem Statsrot nozekommen, an huet d'Opzielung vun de Gebailechkeeten an den Artikel 1 integréiert an den Intitulé och an deem Sënn ëmgeännert.

Déi héich Kierperschaft war dann och der Meinung, datt am Gesetzestext net d'ärf vun „Travaux“ geschwat ginn, mä vun Equipementen. D'Kommissioun huet des Remarque zur Kenntnis geholl, huet awer aus Zäitgrënn decidéiert, keen Amendement an deem Sënn um Text virzehuelen.

Doriwwer eraus huet de Statsrot drop higewisen, datt nëmmen d'Maison des Sciences humaines an d'Maison de l'Innovation iwwert d'Gesetzter vum 18. Dezember 2009 a vum 28. Juli 2011 befugt wieren, aneren Entitéiten, wéi deene vun der Uni, hir Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen.

Aus deem Grond huet déi héich Kierperschaft d'Fro opgeworf, ob déi partiell Affectatioun vun der Maison du Savoir a vun der Maison de l'Innovation fir aner Zwecker wéi déi vun der Uni, déi zwee viregt Gesetzter eigentlech géife respektéieren.

An deem Sënn misst den Objet vun deenen zwee Gesetzter am Nachhinein méi preziséiert an ergänzt ginn an op dës Projet de loi ugepasst ginn.

Dann huet de Statsrot och op e Problem higewisen: dee vun der Urgence. En huet gemengt, datt et net den Här Bausch wär, den Nohaltegkeetsminister, deen d'Urgence kéint ausdrécken, mä dass dat misst de Premierminister sinn. An e war der Meinung, datt kee Projet de loi, datt keen Dokument géif virleien, wat op eng Urgence géif schlësse loossen.

Réckbléckend huet de Statsrot drun erënnert, datt déi éischt Autorisatioun vum Législateur, fir déi néideg Unisinfstrukturen ze schafen, op d'Joren 2008 an 2009 zrëckginn, an en huet bemierkt, datt largement genuch Zäit gewiescht wier, fir dës Projet de loi méi fréi auszuschaffen.

Doriwwer eraus huet en och d'Remarque gemacht, datt eng Dépense vun 140.000 Milliounen Euro - neen: vun 140 Milliounen Euro - d'Kreditter vun den ëffentleche Sanitär- a Sozialfongen zolidd géif iwwerschreiden a war der Meinung, datt dës Projet vun allen implizéierten Instanze ganz genee ënnert d'Lupp geholl misst ginn.

En anere Volet, deen de Statsrot am Kontext vu senger finanzieller Envergure kritiséiert huet, betrëfft déi initial Dispositioun, fir déi finanziell Enveloppe, déi d'Chamber sollt autoriséieren, mat enger Indexklausel ze versinn.

De Statsrot huet doran eng verstoppte Reserv fir eventuell Evaluationsfeeler gefaart a war der Meinung, datt den autoriséierte Montant vun 140 Milliounen an de folgende Joren net d'ärf iwwerschritt ginn.

D'Kommissioun huet desäer Remarque Rechnung gedroen an huet d'Indexklausel, déi et erlaabt hätt, de Montant no uewen unzepasen, aus dem Text gestrach.

Wat déi zukünfteg Entwécklung vum Site a vun den Aktivitéiten ugeet, inklusiv deene vun de Laboratoiren, sou wäerten déi iwwer weider Gesetzter respektiv iwwer Conventiounen mam Fonds Belval geregelt ginn. De Statsrot hätt et virgezunn, des Volete schonn a globaler Form an d'Gesetz ze integréieren.

D'Membere vun der Nohaltegkeetskommissioun ware schlussendlech der Meinung, datt se an Zukunft méi informéiert sollte ginn, wat a Richtung Planung bei der Uni Lëtzebuerg geschitt, a wollte sech eben an Zukunft méi oft mat der Kommissioun vum Enseignement supérieur gesinn, fir gemeinsam iwwert déi do Planung ze schwätzen.

Dat erweist sech als sënnavoll, well ebe sämtlech Infrastrukturprojeten - also och déi vun der Uni Lëtzebuerg - an d'Kompetenz vum Nohaltegkeetsminister falen an net an d'Kompetenz vum Minister vum Enseignement supérieur.

Fir d'Detailer vun der exakter Planung verweisen ech op d'Gesetz, wat mat ganzer 119 Säiten e konkreten Iwwerbléck iwwer all d'Elementer vun deemem Projet liwwert.

Domat wier meng Aarbecht als Rapportrice schonn ofgeschloss. Och dat war eng Urgence.